

Gemengebuet 02/2024



Heures d'ouverture

Lundi : 08:00 - 14:00

Mardi : 08:00 - 11:30 & 13:00 - 16:00 / 16:00 - 18:30 (seulement Bureau de la population/État civil)

Mercredi-vendredi : 8:00 - 11:30 & 13:00 - 16:00

Collège des bourgmestre et échevins

T. 35 01 13-1

Claude **MARSON**, *bourgmestre*
Serge **EICHER**, *échevin*
Andrew **KISER**, *échevin*

Conseillers communaux

Jean-Marie **ALTMANN**
Nora **FORGIARINI**
Jean-Pierre **KAUFFMANN**
Annemarie **NAGEL**
Jules **SAUBER**
Serge **THEIN**
Paul **THEISEN**
Nicolas **WELSCH**

Accueil

T. 35 01 13-1 / F. 35 01 13-259
Natascha **PARAGE-KIMMEL**

Secrétariat

T. 35 01 13-220 / F. 35 01 13-229
secretariat@schuttrange.lu
Alain **DOHN**, *secrétaire communal*
Annick **GUT**
Joëlle **HUBERTY**
Robert **MANNES**
Ranjit **NEUMAN**
Kelly **SEPULVEDA**

Bureau de la population, État civil

T. 35 01 13-250 / F. 35 01 13-259
population@schuttrange.lu
Vincent **NICLOU**, *chef de service*
Barbara **CASH**
Ronny **LUX**

Recette communale

T. 35 01 13-230 / F. 35 01 13-239
recette@schuttrange.lu
Mireille **REDING**, *receveur communal*

Service financier, Facturation

T. 35 01 13-230 / F. 35 01 13-239
facturation@schuttrange.lu
Florian **ALTMANN**
Laurent **HARTZ**
Cécile **STRONCK**

Relations publiques, Réservations

T. 35 01 13-600
relations.publiques@schuttrange.lu
Vicky **JUNGBLUTH**
Philippe **LENTZ**
Andy **WEBER**

Service de l'environnement et de l'énergie

T. 35 01 13-260 / F. 35 01 13-249
Daniel **FLIES**

Service Urbanisme

T. 35 01 13-260 / F. 35 01 13-249
Tania **VELEZ**, *chef de service*
Cédric **NÉRÉ**

Service technique

T. 35 01 13-240 / F. 35 01 13-249
servicetechnique@schuttrange.lu
Daniel **PACIOTTI**, *chef de service*
Rodrigo **CLAUDIO**
Victor **NEUMANN**
Raoul **PETRY**
Michel **SCHOMMER**
Paul **SCHUMMER**
Daniel **GIALLOMBARDO**, *agent municipal*

Atelier technique

T. 35 01 13-262 / F. 34 17 51

Enseignement

T. 35 98 89-320
F. 35 98 89-398
Joëlle **MAX**, *présidente du Comité d'école*
Steve **BACK**, *service scolaire*

Service Concierges

T. 35 98 89-340 / F. 35 98 89-359
Oliver **PLEYER**, *chef de service concierges*

Accueil Campus

T. 35 98 89-340
campus.accueil@schuttrange.lu

Maison Relais, Crèche

T. 35 98 89-371
GSM 621 154 707
F. 35 98 89-379

Schëtter Jugendhaus

T. 26 35 07 90 / F. 26 35 07 91

Recycling Center

T. 34 72 80 / F. 34 72 81

Sias – Ëmwelt- an Naturschutzsyndikat

T. 34 94 10 -1
www.sias.lu

Centre forestier

Pit **LACOUR**, *préposé-forestier*
T. 247 - 56694 / 56688
GSM 621 202 102

Office Social Ieweschte Syrdall

T. 27 69 29-1

Service de médiation de voisinage

GSM 621 673 648
mediation@schuttrange.lu

Syrdall Heem Asbl

Aide et soins à domicile, centre du jour
T. 34 86 72

Police

T. 113

Police - Commissariat Syrdall

T. 244 78 1000

Appel d'urgence

T. 112

Gemengebuet 02/2024



Gemengerot vum 27.03., 24.04., 22.05., 26.06. & 10.07.2024 **4**
Conseil communal du 27.03., 24.04., 22.05., 26.06. & 10.07.2024 **29**
Local council meeting 27.03., 24.04., 22.05., 26.06. & 10.07.2024 **52**



Offiziell Informatiounen
Informations officielles
Official informations **75**



Klimapakt
Pacte climat
Climate pact **79**



Projete vun der Gemeng
Projets de la commune
Projects of the commune **94**



Aktivitéite vun der Gemeng
Activités de la commune
Activities of the commune **106**



Veräinsliewen
Vie associative
Association activities **122**



Manifestatiounskalenner
Calendrier des manifestations
Calendar of events **130**



LU

Sëtzung vum Gemengerot 27.03.2024

De Buergermeeschter Claude MARSON begréisst zu der 3. Sëtzung vum Gemengerot 2024 an deelt mat, datt de Vote vun der öffentlecher Sëtzung mat der Conseillère Nora FORGIARINI ufänkt.

Ueschléissend informéiert de Buergermeeschter iwwer d'Evenementer, déi zënter der leschter Sëtzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- Den 2. Mäerz hat de Cercle avicole hir Generalversammlung an der Aler Minsber Schoul organiséiert;
- Den 3. Mäerz hat d'Amiperas op hir Journée de la Choucroute an de Centre culturel zu Mënsbech invitéiert;
- De 6. Mäerz war e Filmmëtteg am Schëtter Treff mat Kaffi a Kuch an organiséiert vun der Familljekommissioun, der Sozialkommissioun an der Kommissioun vum Drëtten Alter;
- De 6. Mäerz war och d'Generalversammlung vun der Schëtter Harmonie;
- Den 8. Mäerz gouf den Internationale Fraendag zelebréiert, bei deem d'Gemeng Schëtter e staarkt Signal gesat hat, andeems en ofwiesslungsräiche Programm vun Aktivitéiten an Eventer op d'Bee gestallt gouf. Um Programm stoung ënner anerem eng Aweilungszeremonie fir d'Strooss vum neie „PAP Schënnbierg“ no der Madame Jeanne ROUFF, enger Pionéierfeministin zu Lëtzebuerg, ze benennen. D'Aweilung war a Präsenz vun der Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit, Madame Yuriko BACKES, souwéi a Präsenz vum Gemengerot a Verrieder vum Nationale Fraerot. De ganzen Dag goufe Liesungen an Aktivitéite fir Kanner aus de Cyclen 3 a 4 organiséiert, déi zum Ziel haten, d'Kanner iwwer d'Thema vun der Gläichberechtigung ze sensibiliséieren. Um Programm stoungen och en Interview vun der Ministesch BACKES mat de Kanner, d'Projektioun vum Film „Um Ball“ vun der Madame Tessy TROES, deem d'Geschicht vum Dammefussball zu Lëtzebuerg erzielt souwéi eng Visitt vun enger Ausstellung. Den Dag gouf owes mat engem Patt clôturéiert. An deem Kontext fëgt de Buergermeeschter derbäi, datt d'Gemeng eng Demande vum Ministère fir Gläichberechtigung kritt huet, fir en Accord ze ënnerschreiwen, deem déi aktuell an zukünfteg Initiative vun der Gemeng an deem Beräich formaliséiert an honoréiert;
- Den 9. Mäerz war de leschte „Schëtter Maart“, dee gutt besicht war an deem och e „Repair Café“ souwéi e Workshop mat „Glitzertattoos“ fir Kanner ugebueden hat. Déi éischt Editioun vum „Vide-Greniers“ gouf och vun der Asbl „Digital Inclusioun“ organiséiert, fir al Laptoppen a Smartphonnen ze sammelen, déi d'Leit net méi brauchen;
- Den 10. Mäerz hat de Star Cricket Club seng Generalversammlung am Centre Culturel ofgehalen;
- Den 12. Mäerz war am Centre Culturel d'Projektioun vum Film „Vu Buedem, Bauen a Biobauern“ vum Tom ALESCH. Deen Owend gouf vun der Landwirtschaftskommissioun, der Ëmweltkommissioun an der Kulturkommissioun organiséiert;
- De 14. Mäerz huet de Vélosclub „Hirondelle“ seng Generalversammlung am Centre culturel ofgehalen;
- De 15. Mäerz war an der Aler Minsber Schoul en Atelier vum Kreativen Eck mam Fierwen vun Ouschtereeën;
- De 16. Mäerz huet de Club des Jeunes seng Generalversammlung organiséiert, bei där eng Erneuerung vum Comité

- stattfonnt huet an domat de Cap fir déi nächst Jore fixéiert gouf;
- De 17. Mäerz war um Schoulcampus d'Bamplanzaktioun fir déi Neigebueren, eng Geleeënheet fir d'Eltere vu klengen Kanner sech kennenzeléieren an auszetauschen;
 - De Weekend vum 16. bis de 17. Mäerz huet de Club „Rythmica Lux“ säi groussen Tournoi „Luxemburg Greater Region & Benelux Cup 2024“ am Centre Culturel organiséiert;
 - Den 19. Mäerz huet d'Associatioun „Gaart an Heem“ hir Generalversammlung organiséiert, bei där Präisser iwwerreecht goufen;
 - Den 20. Mäerz huet de „Folk-Club Lëtzebuerg“ seng Generalversammlung ofgehalen;
 - Den 21. Mäerz hat d'Schëtter Jugendhaus hir Generalversammlung an der Galerie um Schoulcampus;
 - Den 23. Mäerz huet d'Gemeng d'Aktioun „Grouss Botz“ an Zesummenaarbecht mat der Ëmweltkommissioun organiséiert. D'Aktioun war e grouss Succès mat der Participatioun vu méi wéi 100 Participanten an enger grousser Quantitéit Offall, déi gesammelt gouf. De Buergermeeschter seet besonnesch de Scoute Merci, déi mat enger grousser Unzuel u Fräiwëlleger matgemaach hunn, souwéi der ASBL „Schëtter Hëllef“ fir d'Kache vun enger waarmer Zopp;
 - Den 23. Mäerz huet d'Associatioun „Allergy Network“ eng Ouschterfeier am Schëtter Treff fir Kanner mat Allergien organiséiert;
 - De 24. Mäerz war eng nei Editioun vum Hobbymaart „Selwer Ge „Maart“, organiséiert vun der LSAP Schëtter. 70 Kënschtler haten d'Méiglechkeet, hir eegen artistesch Wierker ze presentéieren an ze verkafen. Fir Musek, Gedrénks an Ënnerhaltung fir Kanner war och gesuergt.

Dono informéiert de Buergermeeschter iwwer déi verschidden Eventer, déi nach kommen:

- Den 28. Mäerz fënnt d'Generalversammlung vun der ASBL „Schëtter Hëllef“ am Schëtter Treff statt;
- D'Schëtter Jugendhaus huet op hirer Generalversammlung eng nei Initiative presentéiert, ënnert dem Titel: „The Human Library – Leit zesummen ze bréngen a Virurteeler ofschafen“. Dëst ass eng oppen Table Ronde, bei där jidderee ka Beiträg maachen. Den Här Steve DIFFERDING vum Jugendhaus ass responsabel fir d'Moderatioun an déi éischt Versammlung fënnt den 2. Abrëll um 15.00 Auer am Schëtter Treff statt a wäert sech mat Leit mat enger kierperlecher Behënnerung beschäftegen;
- De 6. Abrëll organiséiert d'„Luxembourg Armwrestling Federation“ en Tournoi (Kalina Cup) an der Sportshal zu Mënsbech. Nieft lizenzierten Armwrestler kënnen och Amateure sech umellen.
- De Weekend vum 13. bis de 14. Abrëll organiséiert d'„Luxembourg Street Soccer Association“ e Futsal-Tournoi an der Sportshal;
- Den 13. Abrëll fënnt den nächste Schëtter Maart statt, deem och e Mäerchentheater an e „Vide-Greniers“ beinhalt;
- De 17. Abrëll organiséiert d'Kulturkommissioun eng Fitness-Sessioun mat der Trainerin Gwendy STIEFER-MAJERUS am Schëtter Treff;
- De 17. Abrëll invitéiert d'Sportskommissioun an Zesummenaarbecht mat der Gemeng op eng Visitt vun der Flèche Wallonne an der Belsch;
- Den 18. Abrëll hält d'Associatioun Rousefrënn hir Generalversammlung am Centre culturel of;
- Den 20. Abrëll organiséieren d'Scouten „Castors“ e Familljerallye duerch de Bësch;
- Den 20. Abrëll organiséiert d'„Leche League“, eng Associatioun, déi schwanger a stëllend Frae beréit, e Second Hand

Maart am Centre Culturel;

- De 24. Abrëll fënnt an der Gemeng eng Kleedersammlung statt, organiséiert vun der Associatioun „Aide aux enfants handicapés et défavorisés du Luxembourg“.

All dës Manifestatiounen kënnen och am Kalenner um Internet-site vun der Gemeng Schëtter consultéiert ginn.

Ueschléissend deelt de Buergermeeschter nach Follgendes mat:

- D'Deadline fir d'digital Verëffentlechung vun Evenementer am „Schëtter Eventblock“ fir de Mount Mee ass de 15. Abrëll.
- D'Bänk beim Columbarium ass installéiert ginn.
- D'Stee virum Haus 107, rue Principale gëtt geschwënn ewechgeholl an d'Aarbechten am Kader vum Aménagement vum Studio si quasi ofgeschloss.
- Wat de Comité de prévention ugeet, sinn um Territoire vun der Gemeng e puer Abrëch an Haiser gemellt ginn. D'Police réit den Awunner, sech vum Bureau de prévention beroden ze loossen; dëse ka wichteg Recommandatiounen a Saache Präventioun ginn. Regelméisseg Austausch mat den Noperen an der Ëmgégend souwéi verdächtig geparkten Autoen ze mellen, si wichteg Präventiounsinstrumenter.

Duerno liwwert de Schäfte Jean-Marie ALTMANN follgend Informatiounen:

- D'Gemeng Schëtter krut en Analysebericht vum Syndicat Minett-Kompost, deem Informatiounen iwwer de Prozentsaz vu schiedleche Substanzen am Biooffall vun der Gemeng enthält. De Bericht weist, datt de Niveau vun de schiedleche Substanzen ganz niddereg ass, awer nach méi héich wéi virum e puer Joer. De Rapport recommandéiert d'Awunner iwwer d'Recycléiere vu Bio-Offall nach méi ze sensibiliséieren. Déi heefegst fonnte Substanze ware Plastik a PET-Verpackungen.
- Den Här ALTMANN mellt och, datt eng „convention de collaboration“ mam SIGRE, dem interkommunalen Syndicat fir d'Gestioun vun den Offäll aus de Gemenge Gréiwemaacher, Réimech an lechternach, geplangt ass, fir Synergien an der Behandlung vu Gréngschnëtt- an Bio-Offall ze schafen. Am leschte Comité vum CIGR Syrdall ware Wale fir de Verwaltungsrat, dee maximal 15 Memberen huet. Den Exekutivbüro gouf och compléiert an zielt elo 8 Memberen.

Fir ofzeschlëssen informéiert de Schäfte Serge EICHER:

- Iwwer déi lescht Generalversammlung vum ORT. De finanzielle Bäitrag fir d'Gemeng ass onverännert bliwwen an déi aktuell Projekte lafe gutt weider. D'Projete fir d'Gemeng Schëtter betreffen haaptsächlech nei harmoniséiert Schëlter fir d'Wanderweeër.
- Iwwer de Contrôle vun de Konte fir d'Joer 2022, deem Ufank Mäerz stattfonnt huet. De Contrôle hat e puer kleng Bemierkunge gemaach, déi iwwerpréift ginn, fir d'Konten zur Ofstëmmung fir déi nächst Sëtzung vum Gemengerot kënnen ze presentéieren.
- Iwwer Decompté vum ICC (Impôt commercial communal) an FDGC (fond de dotation globale des communes) fir d'Joer 2023. Am Laf vum Joer 2023 goufe ronn 26 Milliounen Euro un ICC generéiert. D'Gemeng behält dovunner just 2,9 Milliounen Euro. Dat stellt trotzdem e Plus vun 300.000 € par Rapport zum Budget rectifié duer (2,6 Milliounen Euro). Wat den FDGC ugeet, kritt d'Gemeng 16,2 Milliounen € fir d'Joer 2023, wat e Plus vun 100.000 € par Rapport zur Berechnung am Budget rectifié ausmécht. Wat de Bäitrag un de Fonds pour l'emploi ugeet, hat d'Gemeng an der Berechnung vum Budget rectifié fir 2023 e

Montant vu 478.000 € virgesinn, ma huet misse 660.000 € bezuelen, also supplementar Käschte vun 260.000 € par Rapport zum Budget rectifié. Domat entsteet um Enn en Iwwerschoss vun 100.000 € fir de Budget rectifié 2023.

1.

Sozial- an Interkulturell Affairen

1.1. Approbatioun vun enger Konventioun an engem Avenant mam Ministère vun der Famill, de Solidaritéiten, dem Zesummeliewen an dem Accueil bezüglech dem Pacte communal du vivre-ensemble interculturel

De 27. Mäerz 2024 gouf de Pacte communal du vivre-ensemble interculturel sou wéi den Avenant zum Pacte communal du vivre-ensemble interculturel tëschent dem Minister vun der Famill, de Solidaritéiten, dem Zesummeliewen an dem Accueil an der Gemeng Schëtter ënnerschriwwen.

Dofir verpflichtet sech d'Gemeng Schëtter elo:

- e partizipative Prozess ze starten, fir Ziler ze identifizéieren an d'Aktiounen op kommunaler Ebene vum Gemengepakt ze definéieren;
- d'Bewunner vun der Gemeng an déi grenziwwerschreidend Salariéen, deenen hir Aarbechtsplaz an der Gemeng ass, ze sensibiliséieren, fir sech dem „Biergerpakt“ unzeschlëssen an un den ugebuedene Modullen am Kader vum Programm fir d'interkulturellt Zesummeliewen deelzehuelen;
- e Schrëtt-fir-Schrëtt Prozess an den indikativen Kalenner vun der Mise en oeuvre vum Gemengepakt ze verfolgegen;
- reegelméisseg déi realiséiert Progrësen am Kader vum Gemengepakt ze iwwerpräiwen;
- dozou bäizedroen den nationalen Aktiounsplang, deem duerch den Artikel 3 vum Gesetz vum 23. August 2023 iwwer d'Interkulturellt Zesummeliewen definéiert ass, ëmzesetzen;

Doropshi beschléisst de Gemengerot eestëmmeg, d'Konventioun an den Avenant betreffend de Pacte communal du vivre-ensemble interculturel ze approvouéieren an déi verschidde genannten Elementer ëmzesetzen.

2.

Gemengerot a Commissions consultatives

2.1. Festsetzung vun den Indemnitéite vum Schäfferot a vun de Jetons de présence vun de Membere vum Gemengerot

Déi lescht Festsetzung vun den Indemnitéite vum Schäfferot a vun de Jetons de présence vun de Membere vum Gemengerot gouf den 30. Juli 2008 vun deem votéiert.

Bei der Evaluatioun vun den Aarbechten an Aufgaben, déi an de leschte Jore gelescht goufen, berücksichtegt de Schäfferot d'Ausmooss vun der Verantwortung, souwéi d'Erausforderungen, déi an der deeglecher Gestioun vun de Gemengesaachen ustinn.

Opgrond vun dëser Analys proposéiert de Schäfferot, d'Indemnitéite vum Schäfferot, souwéi d'Jetons de présence vun de Membere vum Gemengerot nei unzepassen, fir op eng fair a proportional Manéier den Engagement an den Dëvouement vun all



Persoun un der lokaler Communautéit ze reflektéieren.

Doropshin entscheet de Gemengerot mat néng Stëmmen (DP, LSAP a Schëtter Bierger) géint zwou (Déi Gréng) fir ab dem 1. Abrëll 2024 déi monatlech Indemnitéite vum Schäfferot respektiv d'Jetons de présence vun de Gemengeconseillere follgendermoossen ze fixéieren:

- Buergermeeschter: 171,60 €,
- Schäfte: 103,90 €,
- Gemengeconseillere: 18,50 €.

Déi fixéiert Montanten entsprechen dem “nombre 100 de l'indice pondéré du coût de la vie au 1^{er} janvier 1948”.

2.2. Festsetzung vun de Jetons de présence vun de Berodungskommissionen

Déi lescht Festsetzung vun de Jetons de présence vun de Berodungskommissionen gouf den 30. Juli 2008 vum Gemengerot votéiert.

Op Basis vun der Decisioun vum Punkt 2.1. an nodeems d'Proposition vum Schäfferot gehéiert gouf, décidéiert de Gemengerot mat néng Stëmmen (DP, LSAP a Schëtter Bierger) géint zwou (Déi Gréng) fir ab dem 1. Abrëll 2024 d'Jetons de présence un d'Membere vun de Berodungskommissionen fir d'Participatioun un de Versammlungen op 38,00 € pro Sëtzung, respektiv op 50,00 € pro Sëtzung fir d'Presidenten a Sekretären ze fixéieren.

2.3. Approbatioun vun engem Règlement d'ordre interne fir de gudde Fonctionnement vun de Berodungskommissionen

De Schäfferot huet e Virschlag formuléiert fir de Règlement d'ordre interne unzepassen, mat dem Zil, de gudde Fonctionnement vun de Berodungskommissionen an de kommende Jore sécherzestellen.

Nodeems d'Remarken an d'Observatiounen vun de verschiddene Membere vum Gemengerot an d'Avisen vun de Berodungskommissionen berücksichtegt goufen, hält de Gemengerot unanime de Règlement d'ordre interne fir de gudde Fonctionnement vun de Berodungskommissionen fest.

3.

Studenten

3.1. Decisioun iwwer d'Astelle vu Studente während de Schoulvakanz 2024

De Schäfferot schléit vir, Studenten an de verschiddene Gemengeservicer während der Summervakanz 2024 anzustellen, dëst vum 15. Juli bis de 6. September 2024, mat 4 Periode vun zwou Wochen.

D'Studente gi maximal fir zwou Wochen agestallt a sollen tëscht 16 an 20 Joer al sinn an, wa méiglech, an der Gemeng wunnen. Dofir beschléisst de Gemengerot eestëmme, während der grousser Vakanz 2024 een Total vu 56 Studenten op 4 Periode vun zwou Wochen anzustellen, wéi am Tableau hei ënnendrënner:

ZÄITRAUM AFFECTATIOUN	15.-26.07. 2024	29.-09.08. 2024	12.-23.08. 2024	26.-06.09. 2024
Centre de recyclage	1	1	1	1
Service forestier	4			
Service Concierge	4	4	4	4
Atelier technique	6	6	6	6
Moutferter Haff	2	2	2	2
SOMME	17	13	13	13

4.

Donen a Subsiden

4.1. Approbatioun vun de Subsiden, déi fir d'Joer 2023 un d'lokal Veräiner zougewise ginn

Duerch säi Gemengereglement, dat d'Critère festleet, déi fir d'Verdeelung vun de Subsiden ze applizéieren sinn, ënnerstëtzt d'Gemeng d'lokal Veräiner bei der Ausféierung vun hiren Aktivitéiten zum Wuel vum kulturellen a sportleche Veräinsliewe fir d'Bewunner vun der Gemeng Schëtter.

Dofir beschléisst de Gemengerot eestëmme, 30 lokale Veräiner Subsiden an Héicht vu 54.773,20 € ze accordéieren.

4.2. Approbatioun vu verschiddenen Donen a Subside fir d'Joer 2024

No der Proposition vum Schäfferot beschléisst de Gemengerot eestëmme, Donen a Subside fir d'Joer 2024 mat engem Gesamtmontant vun 9.650,00 € un 55 Veräiner an “Organismes d'utilité publique” ze accordéieren.

5.

Gemengefinanzen

5.1. Approbatioun vun der Konventioun, déi d'Relatiounen mam „CIGR –Syrdall asbl“ regelt, souwéi d'kommunal Participatioun um Budget 2024

No enger Rei Courrieren tëscht dem Schäfferot an dem CIGR-Syrdall, notament iwwer d'Participatioun vun der Gemeng Schëtter fir d'Joer 2024, erdeelt de Gemengerot eestëmme eng konditionnell Approbatioun fir d'Konventioun 2024, déi et tëscht dem Schäfferot an dem „CIGR -Centre d'Initiative et de Gestion Régional Syrdall asbl“ fir déi definéiert Servicer ze ënnerschréiwe gëllt, dëst mat enger kommunaler Partizipatioun vun 212.900,00 €.

Esou akzeptéiert de Gemengerot d'Konventioun ënnert der Bedéngung, dass de Verwaltungsrot vum „CIGR –Syrdall asbl“ sech formell verpflichtet, d'Statute vun der ASBL bis spéitstens den 1. Januar 2025 unzepassen, fir d'Representatioun vun alle Gemengerotsmembere am Verwaltungsrot ze garantéieren, esouwéi d'Participatiounen vun de Mëttelgemengen ze redefinéieren.

5.2. Inscriptioun vun engem Zousazkredit am Budget ordinaire 2024 fir d'kommunal Participatioun am „CIGR- Syrdall asbl“

No der Entscheedung vun haut iwwer d'Konventioun, déi d'Relatiounen mam „CIGR –Syrdall asbl“ regelt, souwéi d'kommunal

Participatioun am Budget 2024, beschléisst de Gemengerot eestëmme d'Inscriptioun vun engem Zousazkredit am Budget ordinaire 2024 vu 87.900,00 € ze approvouieren.

De betreffende Kredit steet zur Verfügung, well de Boni vum Budget 2023 sech op 2.952.939,38 € chiffriert.

5.3. Approbatioun vun engem Devis fir d'energeetesche Sanéierung vun de Gemengegebaier

Ennert dësem Punkt akzeptéiert de Gemengerot eestëmme een Devis fir d'energeetesche Sanéierung vu Gemengegebaier vun engem Gesamtmontant vun 125.000,00 € inkl. TVA.

5.4. Approbatioun vun engem Devis fir d'Besoinen vum Centre culturel an d'Organisatioun vu Manifestatiounen

All Joer fannen vill Manifestatiounen an Evenementer am Centre culturel zu Mënsbech souwéi op dem Territoire vun der Gemeng Schëtter statt.

Wéinst dem stännege Wuesse vun der Gemeng, erfuerdert d'Organisatioun vun dësen Evenementer eng spezifesch Ausrüstung, fir hire gudde Verlaf ze garantéieren.

Dofir beschléisst de Gemengerot eestëmme, een Devis fir d'Besoinen vum Centre culturel an d'Organisatioun vu Manifestatiounen ze approvouieren, deen sech op 100.000,00 € inkl. TVA chiffriert.

5.5. Inscriptioun vun engem neien Artikel am Budget extraordinaire fir d'Besoinen vum Centre culturel an d'Organisatioun vu Manifestatiounen

No der Entscheedung vun haut iwwer d'Approbatioun vun engem Devis fir d'Besoinen vum Kulturzentrum an d'Organisatioun vu Manifestatiounen, beschléisst de Gemengerot eestëmme d'Inscriptioun vun engem neien Artikel am Budget extraordinaire ze approvouieren.

6.

Infrastrukturen

6.1. Approbatioun vun engem Verkafsakt betreffend Parzellen um Neihaischen, rue Principale

De Gemengerot approvouiert eestëmme ee Verkafsakt iwwer de Verkauf vun engem Terrain (trottoir) um Neihaischen, 15, rue Principale, mat enger Fläch vu 05 Zentiar.

6.2. Approbatioun vun engem Acte d'échange betreffend Parzellen um Neihaischen, rue Principale

Op senger Sëtzung vum 28. September 2022, hat de Gemengerot eng Demande de lotissement vum 15. Juli 2022 vun der Firma FMC Promotions vum Bridel guttgeheescht, déi d'Autorisatioun fir de Morcellement vun engem Terrain um Neihaischen sollicitéiert, agedroen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektion B vu Mënsbech, ënner der Nummer 1543/4011, fir fënnef Bauplazen ze schafen.

Doropshi gouf een Acte d'échange de 15. März 2024 ënnerschréiw.

Duerfir beschléisst de Gemengerot eestëmme de virgenannten Acte d'échange ze approvouieren, dee follgend Modalitéite festhält:



- D'Sociétéit FMC Promotions cedéiert der Gemeng Schëtter véier Parzellen um Neihaischen, déi am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektion B vu Mënsbech, ënner den Nummern 1543/4488, 1543/4489, 1543/4495 an 1543/4510 agedroe sinn, mat enger gesamter Fläch vun 82 Zentiar.
- Am Géigesaz cedéiert d'Gemeng Schëtter der Firma FMC Promotions dräi Parzellen um Neihaischen, déi am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektion B vu Mënsbech, ënner den Nummern 1543/4485, 1543/4486 an 1543/4487 agedroe sinn, mat enger gesamter Fläch vun 12 Zentiar.

6.3. Approbatioun vun engem Acte de cession betreffend Parzellen zu Mënsbech, rue Principale

De 25. Oktober 2023 huet de Gemengerot ee Compromis de cession à titre gratuit acceptéiert, deen den 18. Oktober 2023 tëscht dem Schäfferot an der S.à.r.l RMP Develop vu Bartréng ënnerschréiw gouf, betreffend enger Cessioun un d'Gemeng Schëtter vun enger Parzell zu Mënsbech, agedroen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektion B vu Mënsbech, Deel vun de Nummern 1152/3030 an 1152/4280.

Ennert dësem Punkt approvouiert de Gemengerot eestëmme den Acte de cession betreffend d'gratis Cessioun vun enger Parzell (Trottoir) zu Mënsbech, 186 rue Principale, mat enger Fläch vun 0,31 Ar.

7.

Gemengereglementer

7.1. Confirmatioun vun dräi temporären urgente Verkéiersreglementer

An dësem Punkt approvouiert de Gemengerot eestëmme dräi temporär urgent Verkéiersreglementer.

8.

Schrëftlech Froen vun de Conseillere

Keng.

9.

Froen vum Publikum

Keng.

Déi gesamt Sëtzung vum Gemengerot Schëtter kann nogekuckt ginn op: <https://www.schuttrange.lu/politique/seances-du-conseil-communal>



LU

Sëtzung vum Gemengerot 24.04.2024

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht jidderee wëllkomm zu der 4. Sëtzung vum Gemengerot am Joer 2024.

Den Här Buergermeeschter entschëllegt als éischt de Conseiller Jules SAUBER.

Den Här Jules SAUBER huet dem Conseiller Serge THEIN eng Procuratioun ginn, fir a sengem Numm ofzestëmmen.

Zousätzlech informéiert den Här Buergermeeschter, dass de Vote Public vun dëser Sëtzung mat der Conseillère Nora FORGIARINI ufänkt.

Den Här Buergermeeschter informéiert duerno iwwer d'Evenementer, déi zënter der leschter Sëtzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- Den 28. Mäerz huet d'Generalversammlung vun der Asbl „Schëtter Hëllef“ am Schëtter Treff stattfonnt;
- Den 2. Abrëll huet déi éischt Editioun „The Human Library – Leit zesumme bréngen a Virurteeler ofschafen“ stattfonnt. Dëst ass eng Initiativ vun der Maison des Jeunes, déi d'Zil huet, e spezifescht Thema an enger oppener Ronn ze diskutéieren, wou jiddereen Punkte bäidroen kann, entweder duerch Froen oder Äntwerten. Déi éischt Editioun huet sech mat Leit mat enger kierperlecher Aschränkung behandelt;
- De 6. Abrëll huet d'„Luxembourg Armwrestling Federation“ en Tournoi (Kalina Cup) an der Sportshal zu Mënsbech organiséiert. Nieft professioneller an lizenziierter Armwrestler konnte sech och Amateuren umellen;
- De Weekend vum 13. bis 14. Abrëll huet d'Association Luxembourgeoise de Street Soccer en Futsal Tournoi an der Sportshal organiséiert;
- Den 13. Abrëll huet de leschte „Schëtter Maart“ stattfonnt, deen e grouse Succès duerch déi vill Aussteller hat an deen och e Mäerchentheater an e „Vide-greniers“ ugebueden huet;
- De 16. Abrëll huet d'„Soirée des élus locaux“ mam Minister fir bannenzeg Ugeleeënheete stattfonnt. Den Här Buergermeeschter betount, dass den Owend ganz informativ war a wëll dem Minister Merci soe fir seng Initiativ, den Input vun der Gemengerotsvertriider a wichteg Dossiere wéi Wunnen, Gewerbesteier, Grondsteuer a polizeilech Sécherheet anzehuelen;
- De 17. Abrëll huet d'Kulturkommissioun eng Fitness Sessioun mat der Fitnesscoach Gwendy STIEFER-MAJERUS am Schëtter Treff organiséiert;
- De 17. Abrëll huet d'Sportskommissioun an Zesummenaarbecht mat der Gemeng op d'Visite vun der „Flèche Wallonne“ an d'Belge invitéiert. En Transfer mam Bus op Huy gouf vun der Gemeng ugebueden;
- Den 18. Abrëll huet d'Associatioun „Lëtzebuerger Rousefrënn“ hir Generalversammlung am Kulturzentrum ofgehalen;
- Den 20. Abrëll hunn d'Scouten „Castors“ e Familljeraly duerch de Bësch organiséiert;
- Den 20. Abrëll huet d'„Leche League“, eng Associatioun déi schwangere Fraen an déi déi stëlle beréit, e Second Hand Maart am Centre culturel organiséiert;
- Den 22. Abrëll huet d'Generalversammlung vun den „Amis de la Nature et de l'Histoire leweschte Syrdall“ stattfonnt;

- Den 23. Abrëll huet eng Informatiounsversammlung mat den Awunner aus der Rue de la Syre stattfonnt, fir se iwwer d'Propose fir Ännerungen am PAG z'informéieren, déi gewëssen Transformatiounen oder Aménagementer fir Reien- oder Duebelhaiser erlaben. De Feedback an d'Kommentairen vun de Leit ware positiv;
- De 24. Abrëll huet moies eng Kleedersammlung an der Gemeng stattfonnt, organiséiert vun der Associatioun „Aide aux enfants handicapés et défavorisés du Luxembourg“.

Dunn informéiert de Buergermeeschter iwwer déi verschidden Eventer, déi nach ustinn:

- De 25. Abrëll fënnt eng „Talentshow“ am Centre culturel statt, organiséiert vun der Maison Relais. De selwechten Dag fënnt owes eng Reunioun vum Comité SIAS am Sall vum Gemengerot statt;
- De 27. Abrëll organiséiert d'Amicale vun de Pompjeeë vu Mënsbech a Schëtter hiren traditionellen „Wine and Dine“ Owend am Kulturzentrum zu Mënsbech;
- Fir den 1. Mee gi verschidde Veräiner an de Bësch, fir déi traditionell Meekränz ze bastelen, déi dann an der Gemeng verdeelt ginn. Parallel dozou feieren d'„Lëtzebuerger Guiden a Scouten“ hiren traditionellen 1. Mee um Neihaischen;
- Den 2. Mee organiséiert de SIAS am Centre culturel e Workshop mat dem Titel „Wéi riicht een eng Nisthilfe um Buedem op“;
- Den 3. Mee organiséiert d'Jugendhaus am Centre culturel eng Konferenz iwwer d'Thema: „Gesondheetseducation 2.0: Gesondheet vu Männer a Jongen an der digitaler Zäit“;
- De 6. Mee gëtt de Scheck vum Personal vun der Gemeng un zwou ausgewielten Associatiounen iwwerrecht, der Stëftung „Wonschstär“ an der Associatioun „Action pour un Monde Uni“, déi jeweils ee Chèque vu 750 € kréien;
- De 7. Mee gëtt eng Informatiounsversammlung am Kader vum neie Gesetz iwwer d'ASBL'e fir d'Associatiounen vun der Gemeng ofgehalen. D'Madame Vanessa GENTILE vun der Kanzlei Felten, Assa & Associés presentéiert dat neit Gesetz a beäntwert Froen vun de Participanten;
- Den 8. Mee owes feiert de Gemengerot, a Präsenz vum Gemengerot an de Presidenten a Sekretäre vun de Veräiner, den Europadag am Sall vum Gemengerot;
- Fir de 9. Mee, deen een duebele Feierdag ass, nämlech den Europadag a Christi Himmelfahrt, invitéiert d'Sportskommissioun an Zesummenaarbecht mat der Gemeng op hier „Marche gourmande“. D'Wanderung ass eng 12,3 km laang a beinhalt 5 Gourmet Posten. De Start an d'Zil sinn am Centre culturel;
- Den 11. Mee fënnt de nächste „Schëtter Maart“ statt mat enger extra Editioun vum „Vide-greniers“. D'Kulturkommissioun organiséiert och e Kuchewettbewerb am Kader vun de Fairtrade-Wochen. Den Erléis vum Kucheverkaaf geet un d'Asbl „Blëtz“. De selwechten Dag organiséiert de Club „La Pétanque“ ee Pétanque Turnéier;
- Den 12. Mee organiséiert de SIAS den zweete regionale Klima- a Biodiversitéitsdag am Centre de ressources zu Mënsbech. En ëmfangräiche Programm fir Erwuessener a Kanner begleet de ganzen Dag iwwer;
- De Weekend vum 18. Mee fënnt déi 10. Editioun vum keltesche Festival „Bealtaine“ um Neihaischen statt. E vollen a variéierte Programm erwaart d'Visiteuren a den Entrée fir d'Awunner vun der Gemeng Schëtter ass gratis. Den 18. Mee organiséiert d'Harmonie vu Schëtter e Gala-Concert am Kulturzentrum. Ënnert der Leedung vum Leroy Vandivinit gëtt e spannende Programm ënner dem Motto „Klassesch bis zum Swing“ ugebueden.

All dës Evenementer kënnen och am Kalenner op der Gemeng Schëtter hirem Internetsite consultéiert ginn.

Duerno gëtt den Här Buergermeeschter nach folgend Informatiounen:

- Iwwer eng Reunioun den 22. Abrëll zu Éiter mat den neie Gemengevertriider am SIWA, dem Komitee fir regional Zesummenaarbecht am Kader vum Quelleschutz. Et gouf e puer Presentatiounen, ënner anerem iwwer déi nei Gesetzgebung zum Thema Waasser, déi d'Gestioun vun de Risiken am Kader vum „Water Safety Plan“ definéiert. D'Animatrice Fabienne BOES huet e Bilan gemaach iwwer d'Moossnamen, déi 2023 ëmgesat goufen, souwéi déi, déi fir d'Joer 2024 geplangt sinn.
- Iwwer eng Reunioun tëscht dem Verwaltungsrot vum CIGR an de Schäfferéit vun de fënnf Membergemengen den 18. Abrëll, wou e puer Doleancen ugeschwat goufen, besonnesch, datt d'Asbl hire Finanzéierungsmodell iwwerschaffe soll, sou datt de finanzielle Bäitrag vun de Membergemengen d'Ufuerderunge vun de Servicer besser reflektéiert. E weidere Punkt war de Projet fir d'Adaptatioun vun de Statute vun der Asbl, fir eng besser Representatioun vun alle Membergemengeréit am Verwaltungsrot ze garantéieren.
- Iwwer e Brëif, dee vun der Administration des Ponts & Chaussées koom, betreffend de Restauratiounsprojet vun der histoirescher Eisebunnsbréck zu Éiter. Am Brëif steet, datt no techneschen Analysen entscheet gouf, datt d'Restauratioun vun der histoirescher Bréck net méiglech ass an e Projet fir de Bau vun enger neier Bréck gestart gëtt.

1.

Facility Management

1.2. Presentatioun vun de Projeten an de Maintenance-Aarbechten « Facility Management » fir d'Infrastrukturen an d'Gemengegebaier realiséiert vun der Entreprise Paul Wagner & Fils am Laf vum Joer 2023

Op Basis vun hirer Entscheedung vum 5. Abrëll 2017 huet de Schäfferot der Firma Paul Wagner et Fils S.A. d'Servicer fir d'Gestioun an den Ennerhalt vum „Facility Management“ vun den techneschen Infrastrukturen an de Gemengegebaier zougedeele.

Fir en Iwwerbléck iwwer d'Realisatiounen ze kréien, huet den Här Frank Willems vun der Firma Paul Wagner et Fils S.A. dem Gemengerot d'Projeten an d'Maintenance-Aarbechte vum „Facility Management“ fir d'Infrastrukturen an d'Gemengegebaier, déi am Laf vum Joer 2023 realiséiert goufen, virgestallt.

2.

Abordabele Wunnraum

2.1. Presentatioun an Approbatioun vun der Reevaluation vum Cahier des charges an den Annexen en vue vum Relancement vun enger neier ëffentlecher Ausschreiwung am Kader vun der Konstruktioun vun abordabele Wunnengen zu Iwwersiren, rue des Jardins

De 26. Abrëll 2023 huet de Gemengerot sech fir de Bau vu véier Eefamilljenhaiser an der Rue des Jardins zu Iwwersiren ausgeschwat, ënnerstëtzt vum Ministère du Logement am Kader vun

de Logement-Hëllefprogrammer fir Leit, déi fir d'Wunnengshëllef zoulässe sinn.

Fir de Projet ëmzesetzen, gouf de 25. Juli 2023 een Avis de marché public op dem Lëtzebuerger Portail des marchés publics publizéiert, de 27. Juli 2023 op der Websäit www.ted.europa.eu, souwéi an der Zeitung Luxemburger Wort.

Bis zum Datum vun der Ouverture vun de Soumissiounen, den 20. Oktober 2023, ware sechs Offeren erakomm. Allerdéngs goufen zwou Firmen ausgeschloss, well si net un der obligatorescher Visite des lieux deelgeholl haten, ier si hir Offere gemaach hunn.

No der Analys huet sech erausgestallt, dass, ausser der Offer vun der Firma Kuhn Constructions S.A., all déi aner Proposen däitlech de Budget iwwerschritt hunn, dee vum Gemengerot de 26. Abrëll 2023 gestëmmt gouf.

Deemno huet de Schäfferot den Opdrag der Firma Kuhn Constructions S.A. zougedeele, déi déi wirtschaftlech avantagéiert Offer nom qualitativen a finanziellen Evaluationsprozess virgeluecht hat. Allerdéngs huet déi genannte Firma hir Offer zrëckgezunn, ier de Vertrag definitiv ofgeschloss konnt ginn.

Well d'Gëltegkeetsdauer vun den aneren Offeren ofgelaf war an dës den abordabele Charakter vun de geplangte Wunnengen a Fro gestallt hunn, war de Schäfferot gezwongen, d'Ausschreiwung ze annulléieren, konform zu Artikel 39 vum Gesetz vum 8. Abrëll 2018 iwwer ëffentlech Ausschreiwungen. Zu dësem Zweck gouf en Avis vun der Commission des Soumissions ugefrot.

De 15. Abrëll 2024 huet de Schäfferot schlussendlech decidéiert, de Marché de travaux vum genannte Projet ze annulléieren an de Cahier des Charges a seng Annexen ze reevaluieren, fir eng nei oppe Prozedur mat enger neier Publikatioun vun enger Ausschreiwung sou séier wéi méiglech ze lancéieren.

Am Kader vun de genannte Virgänger huet de Gemengerot mat aacht Stëmmen [DP, LSAP, Déi Gréng] géint dräi [Schëtter Bierger] decidéiert, d'Reevaluation vum Cahier des Charges a seng Annexen ze approvüieren, fir eng nei oppe Prozedur ze lancéieren.

2.2. Approbatioun vun engem Contrat de Bail betreffend enger zousätzlecher Wunneng am Haus zu Schëtter, 107, rue Principale

An der Sëtzung vum 15. Juli 2015 hat de Gemengerot d'Decisioun geholl, d'Haus Nummer 107, an der Rue Principale zu Schëtter, ze kafen.

Fir d'Notzung vun dëser neier Acquisitioun optimal ze gestalten, goufen Émbauaarbechten an d'Weeër geleet, fir eng zousätzlech Wunneng am Späicher vum Haus ze schafen. Dës Aarbechten, déi drop ofzielen, d'Installatiounen ze verbesseren an ze moderniséieren, goufe viru kuerzem ofgeschloss, sou datt d'Wunneng elo bewunnbar ass a conforme mat den héchste Qualitéits- a Sécherheitsstandards ass.

Deemno huet de Gemengerot unanime decidéiert, de Contrat de bail fir d'Locatioun vun enger abordabele Wunneng mat enger Wunnfläch vun 60,65 m² z'approvüieren.



3.

Nohalteg Entwécklung

3.1. Geneemegung vum Konzept „Naturschutzstrategie“ am Kader vum Naturschutzpakt

Op senger Reunion vum 23. Februar 2022 hat de Gemengerot de Kontrakt „Naturschutzpakt“ mam Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung vum 4. November 2021 ugeholl.

No der Presentatioun „Kommunale Strategie für den Umweltschutz“ vum Här Loïc Hellers, externen Naturpakt-Beroder vum Syndikat intercommunal à vocation multiple – SIAS, huet de Gemengerot Kenntnis geholl an d’Konzept „Naturschutzstrategie“ am Kader vum Klimapakt an dem Naturschutzpakt festgehalten.

3.2. Präsentatioun vun den Haaptindikatoren am Kader vum Klimapakt an dem Leitbild 2030

De Kontrakt „Klimapakt 2.0“ gouf vum Gemengerot a senger Sitzung vum 14. Juli 2021 ugeholl.

Als Konsequenz huet de Gemengerot a senger Sitzung vum 28. September 2022 Kenntnis geholl an d’Hauptprinzipie vum „Leitbild 2030 – nohalteg Entwécklung“ am Kader vum Klimapakt festgehalten.

Soumat hält de Gemengerot Kenntnis vun den Haaptindikatoren am Kader vum Klimapakt an dem „Leitbild 2030 – nohalteg Entwécklung“.

4.

Urbanismus a Infrastrukturen

4.1. Geneemegung vum enger Konventioun betreffend Parzellen zu Mënsbech, rue des Champs

Opgrond vun der Autorisatioun, déi den 18. Mäerz 1994 ausgestallt gouf, hunn d’Egouss Rohen-Barthelmey d’Recht kritt, sech un d’lokal Waassernetz an d’lokal Kanalisatiounnetz fir Ofwaasser unzeschleissen.

Dofir gouf den 9. Abrëll 2024 eng Konventioun tëscht dem Schäfferot an der genannter Koppel ofgeschloss. Dës Konventioun zielt dorop of, deelweis d’Usschlosskäschten ze reegelen, déi sech op 11.169,34 € (fréier: 450.570,- LUF) belafen. Des Weidere gesäit d’Konventioun d’Cessiou vum enger Parzell, déi am Kadaster vum der Gemeng Schëtter, Sektoun B vu Mënsbech, ënner der Nummer 1069/4466 agedroen ass, vir, en Vuë vun der Regulariséierung vun den Emprisen aus der rue des Champs zu Mënsbech.

De Gemengerot entscheet eestëmmeg, déi genannte Konventioun unzuhuelen.

4.2. Geneemegung vum enger Rei Compromis de cession betreffend Terrainen zu Mënsbech, rue des Champs

Ënner dësem Punkt entscheet de Gemengerot eestëmmeg, eng Rei Compromis de cession fir d’Regulariséierung vun den Emprisen an der Rue des Champs zu Mënsbech mat den Eegentümer vun den Terrainen, unzuhuelen.

Déi genannte Cessioune ginn am ëffentlechen Interesse gemaach, mat dem Zweck, d’Terrainen an d’Voirie publique z’integréieren.

4.3. Geneemegung vum engem Compromis de cession betreffend een Terrain zu Schëtter, rue du Village

Am Kader vun der Neigestaltung vun der rue du Village huet d’Gemeng Schëtter verschidden Emprisen ageholl, fir de Bau vum Trottoir ze realiséieren. D’Iwwerdroe vun der Emprise vum Trottoir muss nach virum Gebai zu Schëtter, 27, rue du Village, gemaach ginn.

Dofir entscheet de Gemengerot eestëmmeg, de Compromis de cession, deen de 14. Februar 2024 ënnerschriww gouf, unzuhuelen. Dëse bezitt sech op d’Cessiou vum enger Parzell, déi am Kadaster vum der Gemeng Schëtter, Sektoun A vu Schëtter, ënner der Nummer 148/4860, place voirie, lieu-dit „rue du Village“, mat enger Fläch vun 0,14 Ar agedroen ass.

Déi genannte Cessiou gëtt am ëffentlechen Interesse gemaach, mam Zweck, d’Parzell an d’Voirie publique z’integréieren.

5.

Strukture fir d’Betrieung

5.1. Geneemegung vum Kooperatiounsaccord tëscht der Gemeng Schëtter an der Associatioun Caritas Jeunes et Familles a.s.b.l.

De Gemengerot entscheet eestëmmeg, den Accord de collaboration, deen de 17. Abrëll 2024 tëscht dem Schäfferot vun der Gemeng Schëtter an der Associatioun Caritas Jeunes et Familles a.s.b.l. ënnerschriww gouf, unzuhuelen.

Dësen Accord huet als Objektiv, d’Ziler vun de Betreibungsinfrastrukturen z’erreechen, déi ënner dem Numm „Services d’éducation et d’accueil pour enfants“ (SEA fir Kanner) zu Schëtter funktionéieren, a gläichzäiteg d’Relatiounen tëscht der Gemeng Schëtter an der Associatioun Caritas Jeunes et Familles a.s.b.l., Member vu Caritas Lëtzebuerg, festzehalen.

Et geet och dorëms, d’Organisatioun an den deegleche Fonctionnement vun de Servicer am Aklang mam Konzept, dat vun der Associatioun Caritas Jeunes et Familles a.s.b.l. entwéckelt gouf, ze reguléieren.

Weiderhi gouf de 17. Abrëll 2024 och ee Cahier des charges fir d’Restauratioun tëscht dem Schäfferot vun der Gemeng Schëtter an der Associatioun Caritas Jeunes et Familles a.s.b.l. ënnerschriwwen, an deem d’Mindestufuerderungen un d’Restauratioun an de Services d’éducation et d’accueil pour enfants (SEA), déi zu Schëtter lokaliséiert sinn, festgehalen ginn.

6.

Gemengefinanzen

6.1. Geneemegung vum Compte de gestion vum Exercice 2022

Nom Protokoll vun der Vérification de Caisse vum Receveur an no de Remarquë vum Service de Contrôle vun der Comptabilitéit vun de Gemengen vum 20. Mäerz 2024 an no den Erklärungen, déi de Receveur a senger Stellungnam vum 28. Mäerz

2024 gemaach huet, entscheet de Gemengerot eestëmmeg, de Compte de gestion fir d’Joer 2022 ze approvouieren.

6.2. Geneemegung vum Compte administratif vum Exercice 2022

Nom Protokoll vun der Vérification de Caisse vum Receveur an no de Remarquë vum Service de Contrôle vun der Comptabilitéit vun de Gemenge vum 20. Mäerz 2024 ugeholl goufen an no d’Erklärungen, déi de Receveur an senger Stellungnam vum 27. Mäerz 2024 gemaach huet, entscheet de Gemengerot eestëmmeg de Compte administratif fir d’Joer 2022 ze approvouieren:

BONI VUM KONT 2021	16.639.364,62 €
ordinär Recetten	20.130.358,32 €
extraordinär Recetten	2.060.084,04 €
Total vun de Recetten	38.829.806,98 €
MALI VUM KONT 2021	0,00 €
ordinär Depensen	13.827.938,80 €
extraordinär Depensen	10.313.532,89 €
Total vun den Depensen	24.141.471,69 €
BONI 2022	14.688.335,29 €

6.3. Fixatioun vun den Taux multiplicateurs vum Impôt foncier fir d’Joer 2025

De 26. Abrëll 2023 hat de Gemengerot decidéiert, d’Taux de perception vum Impôt foncier fir d’Joer 2024 ze fixéieren.

De Schäfferot proposéiert fir d’Joer 2025 keng Ännerung vun den Taux multiplicateurs vum aktuellen Impôt foncier virzehuelen.

Doropshin entscheet de Gemengerot eestëmmeg d’Taux multiplicateurs vum Impôt foncier fir d’Besteierungsjoer 2025 wéi follegt festzeleeën:

Impôt foncier A	295%		
Impôt foncier B1	600%	Impôt foncier B4	145%
Impôt foncier B2	295%	Impôt foncier B5	295%
Impôt foncier B3	145%	Impôt foncier B6	295%

6.4. Fixatioun vun den Taux multiplicateurs vum Impôt commercial d’Joer 2025

Laut den Direktive vun der Circulaire ministérielle N° 2566 vum 7. Juni 2006, fixéieren d’Gemengenautoritéiten all Joer den Taux communal fir d’Besteierung vum Joer drop wat den Impôt commercial communal betrëfft, dëst op Basis vun de Betriebsgewënner.

De 26. Abrëll 2023 hat de Gemengerot decidéiert, den Taux de perception fir den Impôt commercial fir d’Joer 2024 op 225% festzeleeën.

De Schäfferot proposéiert fir d’Joer 2025 keng Ännerung vum Taux multiplicateur vum aktuellen Impôt commercial virzehuelen.



Doropshin entscheet de Gemengerot eestëmmeg, den Taux multiplicateur vum Impôt commercial net ze änneren an e fir d’Besteierungsjoer 2025 op 225% ze festzeleeën.

7.

Gemengereglementer

7.1. Confirmatioun vun dräi temporären urgente Verkéiersreglementer

- De Gemengerot bestätegt eestëmmeg:
- d’temporär Ännerung vum kommunale Verkéiersreglement, dat de 15. Abrëll 2024 vum Schäfferot beschloss gouf a wat Kranaarbechten, déi am Kader vum Bau vun engem administrativen Gebai zu Munsbach, 14, rue Gabriel Lippmann gemaach ginn, betrëfft.
 - d’temporär Ännerung vum kommunale Verkéiersreglement, dat den 18. Abrëll 2024 vum Schäfferot beschloss gouf a wat Infrastruktur- an Raccordementsarbechten un d’ëffentlech Reseauen (Canal, Post a CREOS) op der Héicht vum Gebai Nr. 48 an der rue du Village zu Schëtter, betrëfft.

8.

Schrëftlech Froe vun de Conseillere

D’Partei „Schëtter Bierger“ hat den 23. Abrëll 2024 dem Schäfferot Informatiounen iwwer d’Problematik vum kontaminierte Waasser vum 11. Abrëll 2024 an den Informationsmanagement fir Bierger a Betriber gefrot.

An deem Zesammenhang gëtt d’Partei gewuer, dass d’Quell „Al Quell“ vum Incident betraff war. Et war keng bakteriologesch Kontaminatioun, mee et gouf bei der reegelméisseger Waasseranalys vun der AGE den Donneschden 11. Abrëll eng Verknaschung entdeckt. De Buergermeeschter betount, dass zu kengem Zäitpunkt e reelle Gesondheitsrisiko bestanen hätt, dee méi streng Moossnamen erfuerdert hätt, fir de Problem ze léisen. Well d’Resultat vun enger bakteriologescher Analys 3 Deeg dauert, konnten d’Gemengeservicer d’Signal fir Enn vun der Alert net virum Méindeg drop ginn. De Buergermeeschter fügt dobäi, dass d’Resultat vun der bakteriologescher Analys selbstverständlech negativ war.

De Buergermeeschter erkläert, dass en technesche Problem mam Reglage vun de Sensore bestanen hätt, déi fir d’Mësch vum Waasser vun de Quellen „Al Quell“ an „Nei Quell“ verantwortlech sinn, de Grond vum Problem war. Am Kader vun den Aarbechte fir d’Neierfassung vun der Quell gouf een Trübungsmissier falsch installéiert. D’Upassungen, fir de Problem ze behiewen, sinn am gaangen.

Fir d’Waasserversuergung während de spezialiséierte Botzaarbechte vun de Reservoirs ze garantéieren, gouf ee Raccordement un de Waasserresau vum Nidderaanwen garantéiert.

De Buergermeeschter fügt bäi, dass d’Kommunikatioun vum Problem op de sozialen Netzwierker direkt funktionéiert huet, mee Bierger, déi dës Kanäl net benotzen, goufen natierlech manner séier informéiert. Den offiziellen Avis vun der Gemeng, deen iwwer de Problem informéiert huet, huet méi Zäit geholl a



gouf réischt deen Dag drop rausginn, well dësen Avis an Accord mat de Recommandatiounen vun der Waasserverwaltung (AGE) geholl gouf. De Buergermeeschter informéiert, dass d'Schreien, d'Virbereeden an d'Ausdeele vum dësem Flyer natierlech méi Zäit an Usproch geholl huet. Well d'Waasser dréif war an et sech net em eng Waasserkontaminatioun gehandelt huet, hat d'Waasserverwaltung recommandéiert, d'lokal Informationskanäler ze benotzen an net iwwer RTL ze fueren. D'Restaurateuren um Territoire vum der Gemeng goufe per Telefon perséinlech kontaktéiert.

Den 23. Abrëll 2024 hat d'lokale politesch Partei „Schëtter Bierger“ beim Schäfferot Informatiounen iwwer de Begleedungskomitee fir d'Realisierung vum „Neien Duerfkär“ gefrot an iwwer de Fortschritt vum betreffende Projet.

Doropshi gëtt d'Partei gewuer, dass de Schäfferot decidéiert huet, de Comité d'accompagnement „Neien Duerfkär“ manner restriktiv ze managen, sou dass de gesamte Gemengerot an d'Aarbechtssëtzunge mat agebonnen gëtt. De Buergermeeschter informéiert och, dass d'Gemeng net méi op de Berodungsbüro „Drees&Sommer“ zeréckgräift, well sech erausgestallt huet, dass déi ursprénglech vereinbarte Servicer net méi fir d'kommend Phasen vum der Planung gebraucht ginn.

De Buergermeeschter erkläert, dass de Schäfferot an der Zwëschenzäit scho Gespréicher mat de Scouten an der Harmonie vu Schëtter gefouert huet, fir d'Bedierfnisse an d'Planung vun hiren zukünftege Raimlechkeeten ze diskutéieren.

Schlussendlech fügt de Buergermeeschter dobäi, dass eng Aarbechtssëtzung mam gesamte Comité d'accompagnement „Neien Duerfkär“ fir Juni 2024 geplangt ass.

9.

Froe vum Publikum

Keng.

Déi gesamt Sëtzung vum Gemengerot Schëtter kann nogekuckt ginn op: <https://www.schuttrange.lu/politique/seances-du-conseil-communal>



LU

Sëtzung vum Gemengerot 22.05.2024

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht jiddereemëllkomm zu der 5. Sëtzung vum Gemengerot am Joer 2024.

Den Här Buergermeeschter entschëllegt als éischt de Conseiller Jules SAUBER.

Den Här Jules SAUBER huet dem Conseiller Serge THEIN eng Procuratioun ginn, fir a sengem Numm ofzestëmmen.

Zousätzlech informéiert den Här Buergermeeschter, dass de Vote Public vum dëser Sëtzung mam Conseiller Jules SAUBER ufänkt.

Den Här Buergermeeschter informéiert duerno iwwer d'Evenementer, déi zënter der leschter Sëtzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- De 25. Abrëll huet am Kulturzentrum eng „Talentshow“ stattfonnt, déi vun der Maison Relais organiséiert gouf;
- De 27. Abrëll hat d'Amicale vun de Pompjeeë vu Mënsbech a Schëtter hiren traditionellen „Wine and Dine“ Owend am Kulturzentrum zu Mënsbech organiséiert;
- Um 1. Mee si verschidde lokal Veräiner an de Bësch gaangen, fir déi traditionell Maikränz ze maachen, déi dunn an der Gemeng verdeelt goufen. Parallel dozou hunn d'„Lëtzebuerger Guiden a Scouten“ hir traditionell 1. Mee Feier um Neihaischen gefeiert;
- Den 2. Mee hat de SIAS e Workshop am Kulturzentrum mat dem Thema „Wéi riicht een eng Nisthilfe um Buedem op“ organiséiert;
- Den 3. Mee hat d'Maison des Jeunes am Kulturzentrum eng Konferenz mat dem Thema „Gesondheetsbildung 2.0: Gesondheet vu Männer a Jongen an der digitaler Ära“ organiséiert;
- De 6. Mee wor d'Scheckiwwerreechung vum Personal vun der Gemeng un zwou ausgewielten Associatiounen, an zwar d'Stëftung „Wonschstär“ an d'Associatioun „Action pour un Monde Uni“, déi allen zwee ee Scheck vun 750 € kruten;
- De 7. Mee gouf owes eng Informatiounsversammlung am Kader vum neie Gesetz iwwer d'ASBL fir d'Associatiounen vun der Gemeng organiséiert. D'Madame Vanessa Gentile vun der Kanzlei Felten, Assa & Associés hat d'neit Gesetz presentéiert an d'Froe vun de Participant'en beäntwert;
- Den 8. Mee owes hat de Schäfferot, a Präsenz vum Gemengerot an de Presidenten a Sekretäre vun de Veräiner, den Europadag am Gemengerotssall gefeiert;
- Um Dag vum 9. Mee, deen een duebele Feierdag ass, nämlech den Europadag a Christi Himmelfahrt, hat d'Sportskommissioun an Zesummenaarbecht mat der Gemeng op hir „Marche gourmande“ invitéiert. D'Wanderung war eng 12,3 km laang an huet 5 Gourmet Poste gezielt. De Start an d'Zil waren am Centre culturel;
- Den 11. Mee hat de leschte „Schëtter Maart“ mat enger zousätzlecher Editioun vum „Vide-greniers“ stattfonnt. D'Kulturkommissioun hat och e Kuchewettbewerb am Kader vun de Fairtrade-Wochen organiséiert. Den Erléis vum Kucheverkaf gouf un d'ASBL „Blëtz“ iwwerwisen;
- Um selwechten Dag vum 11. Mee hat de Club „La Pétanque“ och ee Pétanque Tournoi bei der Aler Minsber Schoul organiséiert;

- Den 12. Mee hat de SIAS den zweete regionale Klima- a Biodiversitéitsdag am Ressourcen Center zu Mënsbech organiséiert. En ëmfangräiche Programm mat Spiller, Workshops, Virträg, asw. hat Kanner a Erwuessener de ganzen Dag ënnerhalen. De Buergermeeschter bedankt sech bei de Gemenge Veräiner, déi dobäi gehollef haten, Stänn mat lessen a Gedrénks unzëbiden;
- Den 13. Mee huet den traditionellen „Buergermeeschterdag“ zu Mondorf stattfonnt;
- De 15. Mee huet eng Aarbechtssëtzung mam Gemengerot iwwer „Checklëscht Nohaltegkeet PAP Nouveau Quartier“ stattfonnt;
- De Weekend vum 18. Mee huet déi zéngt Editioun vum keltische Festival „Bealtaine“ um Neihaischen stattfonnt. E Programm mat keltischer Musek, Feierspiller, Verkaafstand, asw. huet fir vill Animatioun bei de Visiteuren gesuergt;
- Den 18. Mee hat d'Harmonie vu Schëtter e Galaconcert am Kulturzentrum organiséiert. Ënnert der Leedung vum Leroy Vandivinit hat e spannende Programm ënnert dem Thema „Klassik bis Swing“ vill Visiteuren ugezunn.

Duerno informéiert de Buergermeeschter iwwer déi verschidden Eventer, déi nach ustinn:

- Den 23. Mee hält d'Theatergrupp „Patchwork“ hir Generalversammlung am Kulturzentrum of;
- De 24. Mee gëtt déi traditionell „Fête des voisins“ gefeiert. Wéi an de vergaangene Joren, hält d'Gemeng un dësem Event deel, deen d'Zil huet, d'Nopere besser kennenzelieren a Frëndschaften a Bekanntschaften ze knëppen;
- De Weekend vum 24. op de 25. Mee fënnit déi 2. Editioun vun de „Schëtter Classic Days“ statt, wou Frënn vun kllasseschen Autoen zesumme kommen;
- De 7. Juni fënnit de „Klimapaktdag 2024“ an de Raimlechkeeten vun der Chambre des métiers um Kirchberg statt;
- Den 8. Juni ass de nächste Schëtter Maart op der Place de l'Eglise. Bei dëser Editioun steet d'Musek am Vierdergrond mat Concerte vun der UGDA an de „Jongbléiser“;
- Den 9. Juni sinn Europawalen;
- De Weekend vum 8. op de 9. Juni gëtt d'„Nuit du Sport“ am ganze Land organiséiert. D'Gemeng Schëtter hält deel a bitt d'Sportaarte Badminton, Cricket, Armwrestling an eng Mini-Olympiad un. De Buergermeeschter bedankt sech ganz besonnesch bei der Sport- a Fräizäitkommissioun fir d'Organisatioun, sou wéi bei all de Veräiner, déi sech engagéiert haten;
- Den 12. Juni gëtt am Nomëtten d'„Fête de l'amitié“ am Gaart vum Minsber Schloss gefeiert. Niewent de villen Aktivitéiten, fannen d'Visiteuren och Verkafstänn vu Schoulklassen a vum Team vum Zentrum fir déi sozial-emotional Entwécklung;
- De 15. Juni ass d'„Journée de la Jeunesse 2024“, wou all d'Jugendhaiser am Land hir Dieren tëscht 14 an 18 Auer opmaachen;
- De 16. Juni gëtt d'„Fête de la Musique“ zu Schëtter gefeiert;
- Den 23. Juni fannen d'Festivitéiten am Kader vum Nationalfeierdag statt. Den traditionelle Cortège geet vun der Place de l'Eglise bis zum Schoulcampus rof. Niewent engem ofwiesslungsräiche Programm vun Animatiounen, ginn et kulinaresch Spezialitéiten vu 7 verschiddenen Nationalitéiten;
- Den 28. Juni ass d'„Journée Pacte Nature 2024“ am Centre polyvalent „A Schommesch“ zu Nidderaanwen;
- Den 29. Juni organiséieren d'„Lëtzebuerger Rousefrënn“ hir Porte ouverte an der Roseraie vum Schloss Mënsbech.
- Um selwechten Dag vum 29. Juni organiséiert den FC Munsbach e „Foot Golf Tournoi“ mat enger Afterparty op der aler Stockcar-Pist zu Schëtter.



All dës Evenementer kënnen och am Kalenner op der Gemeng Schëtter hirem Internetsite consultéiert ginn.

Doriwwer raus gëtt den Här Buergermeeschter nach folgend Informatiounen:

- iwwer déi rezent Iwwerschwemmungen. D'Syre war bis un hiren Rand ropgaangen, mee awer net iwwergelaf. D'Wisen am Waasserfeld waren iwwerschwemmt an einzel Haiser ware vum Héichwaasser betraff. Allerdéngs konnt d'Situatioun vun de Bewunner selwer geréiert ginn an d'CGDIS-Déngschter hunn net misse sollicitéiert ginn.
- iwwer d'Praktike vum Kolportage an der Gemeng. De Buergermeeschter erënnert dorun, dass Lëtzebuerg säit Abrëll 2024 de legale Verbuet vum „Dier-zu-Dier“-Verkauf duerch eng nei Reglementatioun ersat huet, déi mat der europäescher Gesetzgebung konform ass an déi e restriktiven Kader fir dës Handelsform festleet. Säitdeem kann de Bierger sech géint déi Praktik vum Doheem Verkauf wieren, andeems hien z.B. een Autocollant „Non au colportage“ op seng Bréifkëscht pecht. De Buergermeeschter fügt dobäi, dass d'Bierger virsiichteg solle sinn, wann déi ugebuede Servicer direkt ouni Rechnung bezuelt musse ginn. Dës Praktik ass nämlech illegal, an et gëtt geroden, all Servicer ouni prealabelen Devis ze refuséieren.
- iwwer den nächste „Gemengebuet“, dee grad gedréckt gëtt an deen am Laf vum Juni soll verdeelt ginn.

Dono informéiert de Schäfte Serge EICHER iwwer:

- d'Aschreiwungen an d'UGDA Musékschoul fir d'Schouljoer 2024/2025. D'Aschreiwungen hunn an zwou Phase stattfonnt, ugefaange mat de Kanner, déi schonn ageschriwwen waren a wëllen d'Coursë weidermaachen, an déi déi nei ageschriwwen goufen. An deem Kontext bedankt sech den Här EICHER härezech bei der Madame Monique Guillaume fir hiren Engagement fir d'Musikschoul. De Schäfte präziséiert, dass d'Aschreiwungen am Verglach zum leschte Joer zougeholl hunn, wuel wëssend datt d'UGDA schonn un hir Grenze stéisst, fir genuch Personal fir d'Klassen z'organiséieren. Dat hänkt deelweis mat der neier Gesetzgebung zesummen, déi d'Niveaue fir Diplomer an d'Sproochkenntnisser fir d'Instrukteren eropgesat huet.
- eng Sëtzung vum Koordinatiounscomité vum de Gemengen am CREOS, déi den 2. Mee stattfonnt huet. Et gouf eng kuerz Presentatioun vun den Eckdaten vum der Gesellschaft a vun den neie Smarty-Zähler. Uschléissend hunn d'Wale fir de Präsident a 2 Vice-Présidente fir d'Gemenge stattfonnt. Den Här David Viaggi, Buergermeeschter vum der Gemeng Bissen, gouf als President zrëckbehalen.
- eng Sëtzung vum Comité vum SIDOR, déi de 6. Mee stattfonnt huet. D'Compte vum 2022 souwéi de finanzielle Bilan vum 2023 goufe validéiert an approvéiert. Doraus ergëtt sech eng stabil finanziell Situatioun fir de Syndikat, sou datt kënne Reservefongen ugeluecht ginn.

Schlussendlech informéiert de Schäfte Andy KISER iwwer:

- d'Demissioun vum President vum Jugendhaus, dem Här Marc Lamesch, als President a Member vum Comité. Bei enger Generalversammlung de 25. Abrëll huet de Comité sech nei opgestallt an den Här Philippe Hutmacher als neie President confirméiert. Den Här KISER bedankt sech härezech beim fréiere President fir säin Engagement.
- Eng Reunioun vum Schoulcomité de 26. Mäerz, fir en neie Comité mat 6 Memberen ze wielen. Den 10. Mee huet den neie Comité sech eng éischte Kéier gesinn, fir en neie Schoulpresident ze wielen. Hei gouf d'Madame Joëlle Max fir e weidert Mandat vu 5 Joer confirméiert.

1.

Enseignement fondamental a Betreuungsstrukturen

1.1. Approbatioun vun der provisoirescher Schoulorganisatioun fir den Enseignement fondamental fir d'Schouljoer 2024/2025

De 16. Mee 2024 hunn d'Schoulkommissioun vun der Gemeng Schëtter an de Schäfte d'provisoirescher Schoulorganisatioun fir de Grondschoulunterricht fir d'Schouljoer 2024/2025, déi vum Schoulpersonal proposéiert gouf, guttgeheesch.

Nodeems d'Präsidentin vum Schoulkomité an de Schäfte gehéiert goufen, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, d'Schoulorganisatioun fir de Grondschoulunterricht fir d'Schouljoer 2024/2025 provisoiresch festzehalen.

Detailer ginn zu engem spéideren Zäitpunkt am „Schoulbuet“ verëffentlecht.

1.2. Approbatioun vum Plan d'Encadrement Périscolaire (PEP) fir d'Schouljoer 2024/2025

De 16. Mee 2024 hunn d'Schoulkommissioun vun der Gemeng Schëtter an de Schäfte d'Plan d'Encadrement Périscolaire (PEP) fir d'Schouljoer 2024/2025 guttgeheesch.

Nodeems d'Präsidentin vum Schoulkomité an de Schäfte gehéiert goufen, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, de Plan d'Encadrement Périscolaire (PEP) fir d'Schouljoer 2024/2025 ze approvéieren.

Detailer ginn zu engem spéideren Zäitpunkt am „Schoulbuet“ verëffentlecht.

1.3. Approbatioun vum Plan de développement vum Établissement scolaire „Schoul an der Däilt“ zu Mënsbech 2021-2024

A senger Sëtzung vum 26. Abrëll 2023 hat de Gemengerot de Plan de développement vum établissement scolaire „Schoul an der Däilt“ zu Mënsbech 2021-2024 confirméiert.

Allerdéngs gesäit de gesetzleche Kader vir, datt all Schoul sech ee Plan de Développement vum Établissement scolaire gëtt, deen d'Qualitéit vun den Apprentissagen a vum Enseignement developpéiert an deen d'Orientatiounen vun der betraffener Schoul beinhalt.

Dofir decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, de Plan de Développement vum Établissement scolaire „Schoul an der Däilt“ zu Mënsbech 2021-2024 ze approvéieren, nodeems d'Explicatiounen vun der Präsidentin vum Schoulkomité a vum Schäfte gehéiert goufen.

Detailer ginn zu engem spéideren Zäitpunkt am „Schoulbuet“ verëffentlecht.

2.

Environnement an nohaltege Entwécklung

2.1. Geneemegung vun de Konzepter bezüglech ländleche Weeër am Kader vum Naturpakt

De „Naturpakt“ ass eng Initiativ, déi de Schutz vun der Ëmwelt an der Biodiversitéit an eiser Gemeng verstärke soll. Dës Initiativ baséiert op enger Rei konkrete Mesuren a koordinéierten

Aktiounen, fir eng nohaltege Gestiou vum den Espaces naturels ze garantéieren.

Dofir huet de Gemengerot op senger Sëtzung vum 23. Februar 2022 den „Naturpakt“ guttgeheesch, dee viru vum Schäfte an der Ministesch fir Ëmwelt, de Klima a nohaltege Entwécklung, Carole Dieschbourg, de 4. November 2021 ënnerschrifwe gouf.

An der Kontinuitéit vum deem Engagement huet de Gemengerot och d'Konzept „Naturschutzstrategie“ a senger Sëtzung vum 24. Abrëll 2024 ugehall.

Nodeems de Gemengerot d'Presentatioun vum Här Loïc Hellers vum Syndicat SIAS an d'Erklärung vum Schäfte gehéiert huet, hält de Gemengerot eestëmmeg d'Konzepter „Pflegekonzept Feldwege“ an „Heckenschnitt“ fest.

Dës Konzepter, déi och am Kader vum „Naturpakt“ ausgeschafft goufen, sollen Praktike fir d'Gestion an den Entretien vun de Feldweeër an Hecken definéieren, mam Zil, hir Funktionalitéit ze erhalen a gläichzäitig d'Biodiversitéit ze fuerderen.

2.2. Approbatioun vum Pachtvertrëg am Kader vum Naturpakt

Mat der Approbatioun vum „Naturpakt“ an dem Konzept „Naturschutzstrategie“ hat de Gemengerot déi éischt Mesuren am Kader vum Ëmweltschutz an dem Kampf géint de Verloscht vun der Biodiversitéit ageleet.

Dës Initiative stellen eng wichteg Etapp am Engagement vun der Gemeng fir eng nohaltege Verwaltung vun hire natierlechen Ressourcen an dem Erhalt vun hirem ökologesche Patrimoine duer.

De 27. Abrëll 2005 hat de Gemengerot eng Rei Pachtvertrëg fir landwirtschaftlech Stécker guttgeheesch, déi tëscht dem Schäfte an 8 Baueren aus der Gemeng Schëtter ënnerschrifwe goufen.

Am Kader vum genannten „Naturpakt“ goufen den 13. Mee 2024 eng Rei Pachtvertrëg tëscht dem Schäfte a Baueren aus der Gemeng Schëtter ennerschrifwe.

Doropshin entscheet de Gemengerot eestëmmeg, am Kader vum Naturpakt, déi genannte Pachtvertrëg no den Dispositiounen vum Ëmweltgesetz vum 18. Juni 1982 ze approvéieren.

2.3. Geneemegung vun enger Kontrolllëscht („Checklist“) am Kader vum der Entwécklung vun neie Plans d'aménagements particuliers (PAP NQ)

No der Ënnerschrëft vum Naturpakt an am Aklang mat de Schlësselindikatoren am Kader vum Klimapakt a vum „Leitbild 2030 – nohaltege Entwécklung“, huet d'Gemeng Schëtter eng nei Kontrolllëscht entwéckelt, déi als Handbuch fir d'Konzeptioun vun neie PAP-Projeten déngt, fir se méi nohaltege an en Accord mat de Prinzipien vum Nohaltegeet a Kreeslafwirtschaft ze entwéckelen.

Dës Lëscht gesäit ënner anerem d'Erhale vun der Gesondheet an der Ëmwelt, d'Förderung vun der sozial-wirtschaftlecher Entwécklung, d'Optimisierung vun der Notzung vun erneierbaren Energien an d'Energieeffizienz, de Schutz an d'Valorisatioun vun der Biodiversitéit, d'Adaptatioun un de Klimawandel an d'Valorisatioun vum Waasserzyklus vir.

De 15. Mee 2024 haten de Gemengerot, d'Commission consultative vun Ëmwelt a nohalteger Entwécklung, d'Bauten- an Entwécklungskommissioun eng Aarbechtsréunioun fir déi virgenannten Lëscht ze iwwerpräiwen an ze finaliséieren.



Doropshin decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, dat uewe genannte Konzept festzehalen, dat eng Kontrolllëscht während der Entwécklung vun neie PAP-Projeten (PAP NQ) aféiert, sou wéi d'Verpflichtung, datt dës Lëscht en integralen Deel bei der Ofstëmmung vum neie PAP ass.

Doniewent chargéiert de Gemengerot och de Schäfte fir dës Kontrolllëscht un all Persoun ze schécken, déi en neien PAP wëll maachen.

2.4. Geneemegung vun engem Devis fir d'Acquisitioun vun elektreschen Gefierer mat Accessoirë fir den technesche Service.

Nodeems d'Erklärung vum Schäfte gehéiert goufen, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, den Devis estimatif vum 94.000,00 € TTC vum 15. Mee fir d'Acquisitioun vun elektreschen Gefierer mat Accessoirë fir den technesche Service ze approvéieren.

3.

Urbanismus an Infrastrukturen

3.1. Approbatioun vun engem Projet de modification ponctuelle vum Plan d'aménagement particulier, geleeën am PAG vun der Gemeng Schëtter – PAP „sentier de l'Eglise“ zu Schëtter

Den 11. Mäerz 2024 huet de Schäfte decidéiert, de Projet de modification ponctuelle vum PAG QE vun der Schëtter Gemeng an d'veinfacht Prozedur ze ginn, dëst a Konformitéit mam Artikel 30bis vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 betreffend de kommunalen Amenagement an déi stättesch Entwécklung.

Während der gesetzlech geregelter Période d'affichage legal kouw keng Reklamatioun zum betreffende Projet ran. Doriwwer raus, huet de Minister vun den Affaires Intérieures de 7. Mee 2024 e favorablen Avis erdeelt an domat bestätegt, dass de Projet de modification déi gültig Réglementatioun respectéiert.

Esou huet de Gemengerot eestëmmeg decidéiert, de Projet fir eng modification ponctuelle vum Plan d'aménagement particulier, geleeën am PAG vun der Gemeng Schëtter – SCHU17 PAP „sentier de l'Eglise“ zu Schëtter (procédure allégée) ze approvéieren. De Projet viséiert d'Modifikatioun vun der Partie écrite op engem präzisen Punkt ouni d'Structure générale oder d'Orientatiounen vum Plan d'aménagement initial ze affectéieren, nämlech:

- d'Adaptatioun vum Paragraph iwwer Solarpanneelen an Dachfenster;
- de Verbuet vun der Installatioun vu Photovoltaikpanneelen, mat der Ausnam vun der Installatioun op den Diecher vum verzeachten Gebai am PAP, awer ënner der Bedéngung, déi spezifesch ästhetesch Regeln ze respectéieren.

3.2. Approbatioun vun enger Demande de Lotissement vun 2 Terrainen nom Artikel 29 vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 betreffend dem kommunalen Amenagement an der stättescher Entwécklung – Iwwersiren, rue de Beyren

Nodeems hie Kenntnis vun entsprecheenden Dossier de Lotissement geholl huet, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg d'Demande vum 30. Januar 2024 ze approvéieren, mat där d'Madame Arnela Skrijelj, déi zu Iwwersyren, 54, rue de Beyren wunnt, d'Autorisatioun fir de Morcellement vun 2 Terrainen kritt, déi am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sectioun D vun Iwwersyren, ënner de Nummern 185/3824 an 185/3825 ageschriwwen sinn, z'akzeptéieren, en vue fir d'Grenz tëschent den 2 Terrainen ze déplacéieren.



3.3. Approbatioun vun engem Compromis de cession betreffend d'Terraien zu Mënsbech an der rue Principale

A senger Sëtzung vum 23. Februar 2000 huet de Gemengerot de Projet d'aménagement particulier „Dummong-Kemp“ zu Mënsbech, 139, rue Principale, definitiv guttgeheesch.

Doropshi gouf den 8. Mee 2024 ee Compromis de cession tëschent dem Schäfferot an der Koppel Dummong-Kemp ënnerschriwwen, betreffend der Cessioun un d'Gemeng Schëtter vun der Emprise vum Trottoir virum genannte Gebai.

Dofir entscheet de Gemengerot eestëmmeg de Compromis de cession unzehuelen.

4.

Abordabel Wunnéngen

4.1. Geneemegung vu véier Contrats de bail betreffend abordabele Wunnengen an der Gemeng Schëtter

No der Aféierung vum neie Gesetz vum 7. August 2023 iwwer den abordabele Wunnraum, hunn d'Gemengeservicer missen d'Loyere vun de Locataire vum hiren abordabele Wunnengen nei berechnen.

Esou entscheet de Gemengerot eestëmmeg, véier Contrats de bail betreffend abordabele Wunnengen an der Schëtter Gemeng ze approvüieren. Dës goufen den 2. Mee 2024 ënnerschriwwen.

5.

Strukture fir den Accueil

5.1. Geneemegung vun enger Convention tripartite, déi d'Modalitéite vun der Finanzgestioun, den Typ vun der staatlecher Participatioun an d'Modalitéiten vun der Coopération tëschent dem Staat, der Gemeng an dem Gestionnaire vum Service d'éducation et d'accueil (ENS) regléiert.

D'Conventioun betrëfft d'Kanner, déi nach net an d'Schoul ginn (ENS) a reegelt d'Modalitéite vun der Finanzgestioun, den Typ vun der staatlecher finanzieller Participatioun an d'Modalitéite vun der Kooperatioun tëschent dem Staat, der Gemeng gegebenefalls an dem Gestionnaire vum Service d'éducation et d'accueil.

Doropshin entscheet de Gemengerot eestëmmeg, d'Convention Tripartite (ENS-174), déi den 2. Mee 2024 tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Schëtter, dem Educationsministère an dem Organisme gestionnaire vun der Maison Relais, daat heescht Caritas Jeunes et Familles a.s.b.l., ënnerschriwwen gouf.

5.2. Geneemegung vun enger Convention tripartite, déi d'Modalitéite vun der Finanzgestioun, den Typ vun der staatlecher Participatioun an d'Modalitéiten vun der Coopération tëschent dem Staat, der Gemeng an dem Gestionnaire vum Service d'éducation et d'accueil (ES) regléiert.

D'Conventioun betrëfft d'Kanner, déi an d'Schoul ginn (ES) a reegelt d'Modalitéite vun der Finanzgestioun, den Typ vun der staatlecher finanzieller Participatioun an d'Modalitéite vun der Kooperatioun tëschent dem Staat, der Gemeng gegebenefalls an dem Gestionnaire vum Service d'éducation et d'accueil.

Doropshin entscheet de Gemengerot eestëmmeg, d'Convention Tripartite (ENS-173), déi den 2. Mee 2024 tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Schëtter, dem Educationsministère an dem Organisme gestionnaire vun der Maison Relais, daat heescht Caritas Jeunes et Familles a.s.b.l., ënnerschriwwen gouf.

5.3. Approbatioun vun engem Avenant zur Konventioun iwwer de Fonctionnement vum „Schëtter Jugendhaus“ zu Mënsbech

Bei senger Sëtzung vum 22. Februar 2023 huet de Gemengerot d'Konventioun iwwer de Fonctionnement vum „Schëtter Jugendhaus“ zu Mënsbech guttgeheesch, déi den 31. Dezember 2022 tëscht dem Gemengerot, dem Educationsministère an der a.s.b.l. „Schëtter Jugendhaus“ ënnerschriwwen gouf.

Doropshin entscheet de Gemengerot eestëmmeg den Avenant zur uewen genannter Konventioun, deen den 30. Abrëll 2024 tëscht dem Schäfferot, dem Educationsminister an der a.s.b.l. „Schëtter Jugendhaus“ ënnerschriwwen gouf, ze approvüieren.

Den Avenant, an deem d'Finanzéierung vun der Gemeng Schëtter bei 50% läit, ëmfaasst déi folgend finanziell Donnéeën:

Gemeng	Schëtter
Masse salariale	141.392,00 €
Fonctionnement	20.500,00 €
Total	161.892,00 €

6.

Gemengereglementer

6.1. Modificatioun vum Verkéiersreglement vun der Gemeng Schëtter

Op Proposition vum Schäfferot a mam Appui vum Avis vum 17. Mee 2024 vun der Verkéierskommissioun, beschléisst de Gemengerot eestëmmeg d'ofgeännert Verkéiersreglement vum 30. September 2009, wéi follegt ze änneren:

Art. 1 – Rue Jeanne Rouff, Munsbach

Am Kapitel II „Dispositions particulières“ gëtt d'Rubrik betreffend d'rue Jeanne Rouff zu Mënsbech mat der folgender Dispositioun ergäntzt:

Artikel	5/2/1
Bezeechnung	Zone résidentielle
Situatioun	Op ganzer Längt, vu béide Säiten
Signal	

Art. 2 – Rue Gabriel Lippmann, Munsbach

Am Kapitel II „Dispositions particulières“ gëtt d'Rubrik betreffend d'rue Gabriel Lippmann ausserhalb vun der Agglomeratioun duerch folgend Dispositiounen complétéiert:

Artikel	4/6/1
Bezeechnung	Bushaltestell
Situatioun	- virum Gebai 10 - niewent dem Gebai 18 - virum Gebai 32
Signal	

Art. 3 – Rue de Luxembourg [CR 171], Schrassig

Am Kapitel II „Dispositions particulières“ gëtt d'Rubrik betreffend d'rue de Luxembourg (CR171) zu Schraasseg duerch folgend Dispositioun complétéiert:

Artikel	2/5/1
Bezeechnung	Foussgänger Sträifen
Situatioun	Op der Héicht vum Haus 21
Signal	

Art. 4 – Kapitel I „Dispositions générales“

Am Kapitel I „Dispositions générales“, ginn déi aal Artikelen 4/5/4, 4/5/5, 4/5/6 duerch 4/5/5, 4/5/6, 4/5/7 renumérotéiert.

Doropshin gëtt d'Kapitel I „Dispositions générales“ duerch en neien Artikel complétéiert, deen folgendermoossen bezeechnet gëtt:

Artikel	4/5/4
Bezeechnung	Parken mat Disk – Parken verbueden, mat Ausnam vun Elektrogefierer
Situatioun	Op den désignéierten Stroossen am Kapitel II a sech baséierend op den Artikel 4/5/4, ass d'Parken op den désignéierten Emplacementen verbueden, mat Ausnam vum Parken vun elektreschen Gefierer an elektreschen Hybrid-Gefierer déi un d'Opluedestatioun ugeschloss sinn. Laut den indiquéierten Wochendeeg an Auerzäiten ass d'Parken op déi indiquéiert Dauer limitéiert an ënnerläit der Obligatioun, de Park Disk auszeelen, geméiss dem geännerten Artikel 167bis vum Code de la route. Dës Reglementatioun gëtt duerch d'Signal C,18 „Parken verbueden“ complétéiert 1) duerch een zousätzlechen Panneau 5a mat dem Symbol vum elektreschen (hybriden) Gefier, gefollegt, wann néideg, vun der Inscriptioun vun der Zuel vun de betreffenen Emplacementen, an 2) duerch eng Zousatztafel 7a.
Signal	



Art. 5 – Rue de Beyren [CR 185], Munsbach

Am Kapitel II „Dispositions particulières“, gëtt d'Rubrik betreffend d'Rue de Beyren (CR185) zu Mënsbech duerch folgend Dispositioun complétéiert:

Artikel	4/5/4
Bezeechnung	Parken mat Disk – Parken verbueden, mat Ausnam vun Elektrogefierer
Situatioun	Um Parking hannert der aler Minsber Schoul (all Dag, vun ohoo bis 24hoo, mat Ausnam vun 5 Stonnen) (2 Emplacementen)
Signal	

Am Kapitel II „Dispositions particulières“ gëtt folgend Dispositioun betreffend d'Rue de Beyren (CR185) zu Mënsbech suppriméiert:

Artikel	4/2/5
Bezeechnung	Parken verbueden, mat Ausnam vun elektreschen Gefierer
Situatioun	Um Parking hannert der aler Minsber Schoul op 2 Emplacementen, mat Ausnahm vun Elektro- an Hybridgefierer déi un d'Opluedestatioun ugeschloss sinn.
Signal	

Art. 6 – Centre scolaire „An der Däлт“, Munsbach

Am Kapitel II „Dispositions particulières“, gëtt d'Rubrik betreffend den Centre scolaire „An der Däлт“ duerch folgend Dispositioun complétéiert:

Artikel	4/5/4
Bezeechnung	Parken mat Disk – Parken verbueden, mat Ausnam vun Elektrogefierer
Situatioun	Um Parking vun der Schoul (all Dag, vun ohoo bis 24hoo, mat Ausnam vun 5 Stonnen) (2 Emplacementen)
Signal	

Art. 7 – Um Grousbuer, Schuttrange
Am Kapitel II „Dispositions particulières“, gëtt d’Rubrique betreffend d’Cité „Um Grousbuer“ zu Schëtter duerch folgend Dispositioun complétéiert :

Artikel	4/2/1
Bezeechnung	Parken verbueden
Situatioun	Op der Héicht vum Bâtiment 27, op der ganzer Längt
Signal	

Art. 8 – Place de l’Eglise, Schuttrange
Am Kapitel II „Dispositions particulières“, gëtt d’Rubrik betreffend d’Place de l’Eglise zu Schëtter duerch folgend Dispositioun complétéiert :

Artikel	4/5/4
Bezeechnung	Parken mat Disk – Parken verbueden, mat Ausnam vun Elektrogefierer
Situatioun	Géintiwuer dem Gebai 6 (all Dag, vun ohoo bis 24hoo, mat Ausnam vun 5 Stonnen) (2 Emplacementer)
Signal	

Am Kapitel II „Dispositions particulières“, gëtt folgend Dispositioun betreffend place de l’Eglise zu Schëtter suppriméiert :

Artikel	4/5/2
Bezeechnung	Parken mat Disk
Situatioun	Op 2 Emplacementer (elektresch Gefierer an hybrid Gefierer déi un der Opluedestatioun ugeschloss sinn) géintiwuer dem Gebai 6, mat Ausnam vun 2 Stonnen
Signal	

Art. 9 – Rue de Beyren [CR 185], Uebersyren
Am Kapitel II „Dispositions particulières“, gëtt d’Rubrik betreffend d’Rue de Beyren (CR185) zu Iwwersyren duerch folgend Dispositioun complétéiert :

Artikel	4/5/4
Bezeechnung	Parken mat Disk – Parken verbueden, mat Ausnam vun Elektrogefierer
Situatioun	Virum Gebai 2 (all Dag, vun ohoo bis 24hoo, mat Ausnam vun 5 Stonnen) (2 Emplacementer)
Signal	

Art. 10 – Allgemeng Bestëmmungen
D’Infraktiounen géintiwuer den Dispositiounen vun dëser Ännerung ginn entsprechend den Bestëmmungen vum Artikel 7 vum ofgeännerte Gesetz vum 14. Februar 1955 iwwert d’Reglementatioun vum Verkéier op allen ëffentleche Stroosse bestrooft.

6.2. Bestätegung vun engem temporären urgenten Verkéiersreglement
De 16. Mee 2024 huet de Schäfferot en temporäert urgent Verkéiersreglement betreffend dem Trafic um CR 132, d’Rue d’Oetrage, zu Schraasseg, vum 21. Mee 2024 bis de 31. Mee 2024 inklusiv festgeluecht.

Doropshi bestätegt de Gemengerot eestëmmeg déi temporär Ännerung vumgenannte kommunale Verkéiersreglement.

7. Ressources humaines

7.1. D’Kreatioun vun engem Poste fir en Aarbechter mat manuellen Aufgabe fir d’Besoin vum Regie-Déngscht
Et gëtt festgestallt, dass d’Bevëlkerung vun der Gemeng Schëtter an de leschte Jore staark zougeholl huet, nämlech: 1.1.2010: 3.423 Awunner / 1.1.2015: 3.819 Awunner / 1.1.2021: 4.250 Awunner / 1.1.2024: 4.383 Awunner.

Esou sinn d’Aufgabe vum Regie-Déngscht vun der Gemeng Schëtter staark geklommen, ënner anerem d’Zuel vun den ëffentleche Plazen.

Dofir begrënnt de Schäfferot dës Decisioun domadder, datt fënnef Aarbechter mat manuellen Aufgabe bis 2029 an d’Pensioun wäerte goen.

Esou entscheet de Gemengerot eestëmmeg, e Poste fir en Aarbechter mat manuellen Aufgaben an der „Laufbahn A1: Aarbechter“ fir d’Besoin vum Regie-Déngscht ze schafen.

8.

Schrëftlech Froe vun de Conseillere

Nom ugehängte Courier vum 21. Mee 2024 vun de lokal politeschen Parteien „Schëtter Bierger“ an „déi gréng Schëtter“, wou si de Schäfferot froen fir all Gemengesubventiounen am Beräich vun der energetescher Sanéierung ze iwwerdenken an d’aktuell Plaffonge vu Subventiounen fir d’Installatioun vu Fotovoltaik- an Thermosolarpanneauen ze erhéijen,

huele si Kenntnis dovunner,

datt

de Schäfferot wëll ofwaarden, wat d’Regierung demnächst op nationaler Ebene nom Auslaf vum aktuelle Primmeregime fir energetesch Sanéierung op den 30. Juni 2024 entscheedewäert. Effektiv richten sech d’Gemengesubventiounen an dësem Beräich direkt no de staatlechen Subventiounen, an zu dësem Zäitpunkt mécht et kee Sënn, d’aktuell Tauxen a Plaffongen ze änneren, ouni ze wëssen, wat op nationaler Ebene geschéie wäert. De Schäfferot betount, dass een d’Regierungsaktualitéit opmierksam verfollegt an dat betreffend Gemengereglement upasse wäert, soubal eng Entscheedung op nationaler Ebene getraff wäert ginn. Zu dësem Zäitpunkt ginn d’Meenunge vun de konsultative Kommissiounen selbstverständlech gehéiert an berücksichtegt, fir en ugepasst Reglement fir de Gemengerot virzebereeden.

Nom ugehängte Courier vum 21. Mee 2024 vun der lokaler politescher Partei „Schëtter Bierger“, wou si de Schäfferot Informatiounen iwwer d’Integratioun vun de Kritären vum „Paquet de relance pour le logement“ am Kader vun der Relance vun der ëffentlecher Soumissioun fir den Bau vu 4 Eenzelhaiser an der Rue des Jardins zu Iwwersyren,

hëlt si Kenntnis dovunner,

datt

de Schäfferot den Impakt vun der Augmentatioun vun de Plaffongen vun de Revenuen fir d’Acquisitioun vun engem Logement op déi schonn agerechte Kandidatur-Dossiere wäert vun der Firma MC Luxembourg analyséiere loossen.

Sollt sech erausstellen, dass d’Augmentatioun vun de Plaffongen et erfuerdert, sämtlech schonn agerechte Kandidatur-Dossieren ze iwwerkucken oder souguer een neien Appel à Candidatures fir den Kaf vun engem vun de 4 Eefamilljenhaiser ze organiséieren, da wäert de Schäfferot dës Schrëtt selbstverständlech goen.

Zu dësem Zäitpunkt muss een op d’Publikatioun vum „Paquet de relance pour le logement“ am Mémorial waarden, an dann och op eng nei Versioun vum entsprechenden „Certificat d’élégibilité“.

9.

Froe vum Publikum

Keng.

10.

Séance à huis clos

10.1. Nominatioun vun engem Gemeengefonctionnaire an der Catégorie de traitement B1, sous-groupe administratif, fir d’Besoin vum Service technique
No der Kenntnisnahme vun der Demissioun vun der Madame Caroline Gräff vun hirem Poste als Gemeengefonctionnaire beim Service technique huet de Gemengerot an senger Sëtzung vum 28. Februar 2024 decidéiert, dës Demissioun guttzeheeschen.

Suite vun der Publicatioun vum vacante Poste vum 2. März 2024 goufe siwe korrekt a valabel Kandidaturen enregistriert.

No den Erklärungen vum Schäfferot iwwert de Recrutementsprozess a senger Meinung zu den ënnerschiddleche Kandidaten, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg am Vote secret fir d’Madame Kelly Sepulveda provisoersch op de Poste vum Gemeengefonctionnaire an der Catégorie de Traitement B1, sous-groupe administratif fir d’Besoin vum Service technique vun der Gemeng Schëtter ze nominéieren.

Déi gesamt Sëtzung vum Gemengerot Schëtter kann nogekuckt ginn op: <https://www.schuttrange.lu/politique/seances-du-conseil-communal>



Sétzung vum Gemengerot 26.06.2024

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht jidderee wëllkomm zu der 6. Sétzung vum Gemengerot am Joer 2024.

Den Här Buergermeeschter entschëllegt als éischt d'Conseilleren Nora FORGIARINI, Jules SAUBER a Nicolas WELSCH.

D'Madame Nora FORGIARINI huet der Conseillère Annemarie NAGEL eng Procuratioun ginn, fir an hirem Numm ofzestëmmen.

Den Här Jules SAUBER huet dem Conseiller Paul THEISEN eng Procuratioun ginn, fir a sengem Numm ofzestëmmen.

Den Här Nicolas WELSCH huet dem Schäffen Serge EICHER eng Procuratioun ginn, fir a sengem Numm ofzestëmmen.

Zousätzlech informéiert den Här Buergermeeschter, dass de Vote Public vun dëser Sétzung mat der Conseillère Nora FORGIARINI ufänkt, dëst mat der Procuratioun un d'Conseillère Annemarie NAGEL.

Den Här Buergermeeschter informéiert duerno iwwer d'Evenementer, déi zënter der leschter Sétzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- Den 23. Mee hat d'Theatergrupp „Patchwork“ hir Generalversammlung am Centre culturel ofgehalen;
- De 24. Mee gouf déi traditionell „Fête des voisins“ gefeiert. Wéi an deene Jore virdu war d'Gemeng un dësem Event bedeelegt, dat den Zweck huet, d'Nopere besser kennenzeléieren a Frëndschaften a Bekanntschaften ze knäppen;
- De Weekend vum 24. bis de 25. Mee ass déi zweet Editioun vun de „Schëtter Classic Days“ um ganze Schoulcampus organiséiert ginn, déi vill Autosfrënn ugezunn huet;
- De Méindeg, den 3. Juni huet d'Rousendaf an der Roseraie vu Mënsbech an der Präsenz vum jonke Pränz François stattfonnt. Präsent waren och seng Elteren, d'Ierfgroussherzogin Stéphanie an den Ierfgroussherzog Guillaume, souwéi d'Agrar- a Wäibau-Ministesch Martine Hansen an déi politesch Kolleegen aus de Nopeschgemengen;
- De 7. Juni huet de „Klimapakttag 2024“ an der Chambre de Commerce um Kierchbiereg stattfonnt. Et gouf och eng Präis-iwwerreechungszereemonie, bei där d'Gemeng Schëtter offiziell d'Gold-Zertifizéierung krut;
- Um selwechten Dag gouf déi fréier Tennisspillerin Anne Kremer um Schoulcampus empfaangen, wou si en Interview mat de Kanner aus de Cycle 3 a 4 gemaach huet;
- Den 8. Juni war rëm Schëtter Maart op der Kiercheplaz. Bei dëser Editioun stoung d'Musek am Vierdergrond mat der Organisatioun vu Concerte vun der UGDA an de „jongbléiser“;
- Den Owend vum 8. Juni gouf d'„Nuit du Sport“ am ganze Land organiséiert. D'Gemeng Schëtter war och derbäi an huet Sportarte wéi Badminton, Cricket, Armwrestling an eng Mini-Olympiad ugebueden. De Buergermeeschter wëll besonnesch der Sport a Fräizäit Kommissioun fir d'Organisatioun an der Kommissioun vun der Famill, dem 3. Alter an dem sozialen Uleies an den Associatiounen, déi sech engagéiert hunn, merci soen;
- Den 9. Juni goufen d'Europawalen ofgehalen;
- Den 12. Juni gouf am Nomëtteg d'„Fête de l'amitié“ am Gaart vum Schloss vu Mënsbech gefeiert. Niewent de villen

- Aktivitéiten konnten d'Visiteuren och Verkafsstänn vun de Schoulklassen a vum Team vum Zentrum fir sozial-emotional Entwécklung besichen;
- Den 13. Juni gouf de „Forum Fairtrade“ am Centre culturel organiséiert, bei deem verschidden Ateliere ronderëm d'Thematik ofgehalen goufen;
 - Dee selwechten Owend huet de Gemengerot eng Aarbechts-sétzung iwwer d'Neigestaltung vun der Kiercheplaz an hirem Émgéigend am Kader vum „Neien Duerfkär“ ofgehalen;
 - De 15. Juni gouf d'„Journée de la Jeunesse 2024“ organiséiert, bei där all d'Jugendhaiser vum Groussherzogtum hir Diere fir de Public opgemaach hunn. D'„Schëtter Jugendhaus“ huet mat visites guidées a mat engem Open-Air Kino owes deelgeholl;
 - De 16. Juni gouf d'„Fête de la Musique“ um Schoulcampus gefeiert. Schüler vun der regionaler Museksschoul UGDA an eng Villzuel vun anere Museksgruppen hunn d'Visiteuren op zwou verschiddene Tribüne begeeschtert;
 - Den 20. Juni gouf et eng Informatiounsversammlung fir d'Studente, déi sech fir d'Vakanzenjobs bei der Gemeng ugemellt haten;
 - Den 23. Juni goufen d'Festivitéiten am Kader vun Nationalfeierdag ofgehalen. No dem offiziellen Te Deum, ass de Cortège vun der Kierchplaz bis zum Schoulcampus gaangen, wou e grousst multikulturellt Volleksfest bis owes stattfonnt huet. Niewent engem gutt gefüllte Programm, haten Awunner aus siwe verschiddene Natiounen vill kulinaresch Spezialitéiten preparéiert.

Duerno informéiert de Buergermeeschter iwwer déi verschidden Eventer, déi nach ustinn:

- Den 28. Juni fënnt d'„Journée Pacte Nature 2024“ am Centre polyvalent „A Schommesch“ zu Nidderaanwen statt. D'Gemeng Schëtter kritt do d'Bronze-Zertifizéierung iwwerrecht;
- Dee selwechten Dag ass d'„Journée du Sport“ fir d'Schüler um Schoulcampus;
- Owes halen d'„Schëtter Theaterfrënn“ hir Generalversammlung am Centre culturel of;
- Den 29. Juni organiséieren d'„Lëtzebuerger Rousefrënn“ hir Porte Ouverte an der Roseraie vum Schloss vu Munsbach;
- Dee selwechten Dag, den 29. Juni, organiséiert den FC Mënsbech en „Foot Golf Tournoi“ mat Afterparty op der aler Stockcar-Pist zu Schëtter;
- Dee selwechten Dag feiert d'Harmonie vu Schëtter hiren traditionellen Hämmlsmarsch a geet mat musikalescher Begleedung duerch d'Stroosse vun der Gemeng;
- Den 30. Juni fënnt den „Allergy Family Day“ am Centre culturel statt, mat Informatiounsstänn a Spiller fir Kanner a Familien;
- De 5. Juli fënnt d'Generalversammlung vum „Zumba Club“ an der Buvette vum Sportsall statt;
- De 6. Juli invitéiert d'Amicale Neihaischen op hiert traditionell Summerfest am Chalet Nic Rollinger um Neihaischen;
- Dee selwechten Owend fënnt de Cortège fir Mammendag statt, begleet vun enger Mass an engem Éierewäin. Den Event gëtt vun der Associatioun „Gaart an Heem“ organiséiert;
- De 7. Juli organiséieren d'„Amis du Cheval islandais Luxembourg Asbl“ en internationalen Tournoi fir islännesch Päerd am „Centre équestre Bastenhaff“ zu Schraasseg;
- Dee selwechten Dag organiséieren d'Scouten „Les Castors“ hiert Grillfest bei hirem Chalet op der Kierchplaz;
- Den 8. Juli hält den FC Mënsbech seng Generalversammlung an der Galerie um Schoulcampus of;

- Den 9. Juli organiséiert d'Amiperas hiert Grillfest am Gaart vum Schëtter Treff;
- Den 10. Juli ass déi lescht Gemengerotssétzung virun der Summervakanz an et gëtt bis September keng Gemengerotssétzung méi.

All dës Evenementer kënnen och am Kalenner op der Gemeng Schëtter hirem Internetsite consultéiert ginn.

Doriwwer raus gëtt den Här Buergermeeschter nach follgend Informatiounen iwwer:

- déi 17. Editioun vum Duerffest vun der Partnergemeng Siegelsbach, déi vum 26. bis den 28. Juli stattfënnt.
- d'Afëierung vun der Kommunikatiouns- an Dateaustausch-plattform „Microsoft Teams“ bannent de Servicer vun der Gemeng. Dësen Tool erlaabt et, Kommunikatiounen a wichteg Dokumenter méi séier a méi einfach tëscht de Maarbechter vun der Gemeng auszetauschen. Formatiounen zu dësem Thema goufe fir d'Personal vun der Gemeng organiséiert.
- d'Buslinn Nummer 324, déi ab dem 7. Juli an zwou Richtungen an der Aktivitéitszon circuléiert.
- déi lescht Comitéssétzung vum SIAS. Et gouf iwwert eng Konventioun ofgestëmmt, déi de SIAS mam Naturpark Mëllerdall gemaach huet, wat d'Decharge vun e puer Stonne vum animateur vum SIAS ugeet, fir seng Hëllef bei der Opstellung vun enger Datebank ze leeschten, déi am Kader vun den Natura 2000 Zone gebraucht gëtt. Op der anerer Säit huet de Beroder vum Pacte Nature, de Loïc Hellers, e Resumé iwwer déi lafend Projete vun der Gemeng Schëtter gemaach.

Schlussendlech informéiert de Schäffen Andy KISER iwwer:

- déi lescht „Plattform Jugendhaus“, déi den 18. Juni stattfonnt huet, an där den Aktivitéitsbericht 2023 den zoustännige Gemengeresponsabelen an dem Educationsministère virgestallt gouf. Et gouf och matgedeelt, datt den aktuelle Vertrieeder vum Ministère fir d'Ëmsetzung vun der Konventioun, den Här Steve Hilbert, vun der Madame Melany Navalha ersat gëtt.

1.

Urbanismus an Infrastrukturen

1.1. Decisioun iwwer d'Ausübung vum Virkafsrecht bezüglech Terrainen um Neihaischen, lieu-dit „am Berg“

No den Erklärungen vum Schäfferot huet de Gemengerot eestëmmeg decidéiert, säi Virkafsrecht net auszeüben am Zesummenhang mam Verkaf vun dräi Terrainen um Neihaischen, rue de Senningen, mat de Kadasternummere 1481/2976, 1481/3705 an 1481/2, mat enger gesamter Fläch vu 24,06 Ar.

1.2. Approbatioun vu verschiddenen Akten iwwert Terrainen zu Mënsbech, rue des Champs

An der Sétzung vum 24. Abrëll 2024 hat de Gemengerot decidéiert, verschidde Compromis'en iwwer de Verkaf / d'Cessioun vu Flächen unzehuelen, déi d'Emprise vun der „Rue des Champs“ zu Mënsbech betreffen, mat de Kadasternummere 1060/4036, 1065/4462, 1069/4464, 1069/4466 an 1060/4035.

Dës Cessiounen a Verkeef ginn an engem But d'utilité publique duerchgefouert, nämlech d'Integratioun vun de Parzellen an d'Voirie publique.



Nom Erhale vun de jeeweilegen Akten, déi den 3. Juni 2024 respektiv den 10. Juni 2024 virum Notaire Maître Patrick Serres zu Réimech ënnerschriww goufen, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, dës ze approvëieren.

1.3. Geneemegung vun engem Acte de cession betreffend enger Parzelle zu Mënsbech, Rue Principale

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, den Acte de cession à titre gratuit mat der Nummer 487/2024 ze geneemegen, deen den 10. Juni 2024 virum Notaire Maître Patrick Serres zu Réimech ënnerschriww gouf. Dësen Akt bezitt sech op d'gratis Cessioun vun enger Parzell zu Mënsbech, Rue Principale, mat der Nummer 1088/4474 an enger Fläch vu 8 Centiaren.

Dës Cessioun gëtt an engem But d'utilité publique duerchgefouert, nämlech d'Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique (Trottoir).

1.4. Geneemegung vun engem Compromis de Vente betreffend engem Terrain zu Mënsbech, lieu-dit „Auf der Bissem“

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, de Compromis de Vente unzehuelen, deen den 12. Juni 2024 mam Här Nicolas Bertrand ënnerschriww gouf, betreffend engem Terrain, dat heescht een Zougangsweg zum Fußballsterrain, zu Mënsbech, Kadasternummer 547/3922, lieu-dit „auf der Bissem“, mat enger Fläch vu 25,02 Ar.

Dëse Verkaf gëtt mat engem But d'utilité publique duerchgefouert, nämlech d'Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique, respektiv d'Erweiterung vun de Sportinfrastrukturen zu Mënsbech.

An deem Kader wäert den Akt vum Notaire Patrick Serres zu Réimech entgéintgeholl ginn.

1.5. Approbatioun vun engem zousätzleche Kredit am Kader vun de Racle- an Asphaltéierungsarbechten um Echangeur vum CR 132 zu Mënsbech

Am Kader vun der Racle- an Asphaltéierungskampagne vun der Voirie de l'État fir d'Joren 2023-2024 gouf den 19. September 2023 e Kontrakt tëscht dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an der Firma Julien Cajot & CIE S.e.c.s. vu Leideleng ënnerschriwwen.

Doropshin huet de Schäfferot decidéiert, de Marché fir d'Racle- an Asphaltéierungsarbechten um Echangeur vum CR 132 zu Mënsbech un d'Firma Julien Cajot & CIE S.e.c.s. vu Leideleng, zum Präis vun hirem Offer vum 14. Mee 2024, déi sech op 99.917,60 € ttc beleeft, ze attribuëieren.

Nom Nolauschtere vun den Observatiounen vum Schäfferot iwwer d'Aarbechten déi gemaach solle ginn, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, d'Inscriptioun vun engem zousätzleche Kredit vun 105.000,00 € am Budget extraordinaire 2024 ënner dem Artikel 4/622/221311/10002 mam Libellé „Réfections voirie vicinale“ ze approvëieren.

1.6. Geneemegung vun engem Devis fir d'Racle- an Asphaltéierungsarbechten um Echangeur vum CR 132 zu Mënsbech

No der haiteger Decisioun vum Gemengerot, duerch déi d'Inscriptioun vun engem zousätzleche Kredit vun 105.000,00 € am Budget extraordinaire 2024 fir d'Racle- an Asphaltéierungsarbechten um Echangeur vum CR 132 zu Mënsbech guttgeheescht gouf, approvëiert de Gemengerot, ënner dësem Punkt, eestëmmeg de betreffenden Devis.



2.

Ëmwelt an nohaltig Entwécklung

2.1. Approbatioun vun enger neier „Convention de collaboration“ mat der Asbl Valorlux am Kader vun der selektiver Kollekt vu Verpackungsmaterialien

Zanter dem 1. Mee 2024 huet d'Asbl Valorlux Upassungen un de gesammelte Fraktiounen an de Ressourcezentren duerchgefouert, fir de Fuerderunge vum Agreement mam Ministère méi gerecht ze ginn an d'Effizienz vum Recycling ze verbesseren.

Dofir gouf den 19. Juni 2024 eng nei Konventioun mat der Valorlux ënnerschriwwen, betreffend der Zesummenaarbecht am Kader vun der selektiver Sammlung vun de PMC'en (Fläschen a Flacon'en aus Plastik, Dousen aus Metall, Gedränkskartongen), dést am Sënn vun hirer Valorisation.

No den Erklärungen vum Schäfferot decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, déi nei Konventioun, déi den 19. Juni 2024 ënnerschriwwen gouf, ze approvëieren.

3.

Museksschoul

3.1. Regional Museksschoul Syrdall – Approbatioun vun der provisoirescher Schoulorganisatioun vum Enseignement musical fir d'Joer 2024/2025

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, d'provisoiresch Schoulorganisatioun vun der Museksschoul „Regional Museksschoul Syrdall“ betreffend de Musekscoursen, déi vun der Museksschoul vun der UGDA fir d'Schouljoer 2024/2025 ugebuede ginn, ze stëmmen. D'Käschte fir d'Gemeng Schëtter belafen sech op 841.243,58 €.

4.

Sozial Ugeleeënheeten

4.1. Geneemegung vun enger Konventioun betreffend der Organisatioun an der Finanzéierung vun den Aktivitéite vum „Office social leweschte Syrdall“

No den Erklärungen, datt d'Käschten, déi vun der Gemeng Schëtter iwwerholl ginn, sech aus engem Bäitrag zu de Fonctionnementskäschten an Héicht vun 99.717,42 € an enger Dotatioun zum Fonds de Roulement vum Office Social an Héicht vun 345,00 € zesummesetzen, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, d'Konventioun vum Office Social fir d'Joer 2024 ze approvëieren.

4.2. Geneemegung vun enger Kënnegung vun engem Contrat de Bail betreffend enger abordabler Wunnéng zu Schëtter, Rue Principale

De 15. Juli 2015 hat d'Gemeng Schëtter eng Immobilie mat Terrain zu Schëtter, 107, Rue Principale kaaft, fir d'Appartementer als erschwénglech Wunnengen u bedürftig Leit ze verlounen.

Den 23. Mee 2024 huet ee vun de Mieter d'Kënnegung vun engem Mietvertrag gefrot, well hien eng nei Wunneng fonnt huet.

Dofir decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, d'Demande vun der Kënnegung vum Mietvertrag zum 1. Juli 2024 unzehuelen.

5.

Gemengefinanzen

5.1. Approbatioun vum Stand vun de Recetten, déi nach ze recuperéieren sinn bei der Clôture vum Exercice 2023

Den 20. Juni 2024 huet de Receveur de Stand vun de Recetten, déi nach um Enn vum Rechnungsjoer 2023 ze recuperéieren sinn, festgeluecht.

No de Bemierkunge vun verschiddene Gemengerotsmemberen decidéiert de Gemengerot eestëmmeg

– unzehuelen

		Service ordinaire	Service extraordinaire
a provisoiresche Reprises	125.720,08 €	48.678,73 €	77.041,35 €
an Déchargen			
Total	125.720,08 €	48.678,73 €	77.041,35 €

– dem Schäfferot gegebenefalls d'Autorisatioun ze accordéieren, juristesche Schrëtt géint déi Debiteuren am Retard ze ënnerhuelen.

6.

Ressources humaines

6.1. Kreatioun vun engem Posten als Employé communal fir d'Bedierfnesser vum Service vun de Relations Publiques, groupe d'indemnité A1, sous-groupe administratif

Well d'Aufgabe vun de Gemengeservicer an de leschte Jore staark gewuess sinn, besonnesch wéinst der steigender Unzuel u Manifestatiounen an den Aufgabe rondëm d'Verëffentlechungen an de soziale Medien a Kommunikatioun mat de Bierger, proposéiert de Schäfferot d'Kreatioun vun engem Posten als Employé communal fir de Service vun de Relations Publiques vun der Gemeng, fir e gudden Fonctionnement an Zukunft ze garantéieren.

No der Präsentatioun vun den Tâchen, déi dësem Posten zougeewise sinn, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, en neie Posten als Employé communal fir d'Bedierfnesser vum Service vun de Relations Publiques, groupe d'indemnité A1, sous-groupe administratif, ze schafen.

6.2. Kreatioun vun engem Posten als Fonctionnaire communal fir d'Bedierfnesser vum technesche Service, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif

Den 2. Mäerz 2024 hat d'Gemeng Schëtter en Appel à candidatures fir d'Astellung vun engem neie Mataarbechter fir d'Bedierfnesser vum technesche Service gestart. Allerdéngs huet keng vun den agereechte Kandidaturen dem gesichte Profil entsprach.

Dofir proposéiert de Schäfferot d'Schafung vun engem Posten als Fonctionnaire communal fir d'Bedierfnesser vum techneschen Service, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, mam Zil e Kandidat ze fannen, deen déi gefuerdert Critère fir dee Posten erfüllt.

De Gemengerot stëmmt der Propose eestëmmeg zou an decidéiert, dësen neie Poste wéi beschriwwen ze schafen.

Déi gesamt Sëtzung vum Gemengerot Schëtter kann nogekuckt ginn op: <https://www.schuttrange.lu/politique/seances-du-conseil-communal>



LU

Sëtzung vum Gemengerot 10.07.2024

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht jidderee wëllkomm zu der 7. Sëtzung vum Gemengerot am Joer 2024.

Den Här Buergermeeschter entschëllegt als éischt de Conseiller Nicolas WELSCH, deen dem Här Serge EICHER eng Procuratioun ginn huet, fir a sengem Numm ofzestëmmen.

Zousätzlech informéiert den Här Buergermeeschter, dass de Vote Public vun dëser Sitzung mam Här Serge EICHER ufänkt.

Den Här Buergermeeschter informéiert duerno iwwer d'Evenementer, déi zënter der leschter Sitzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- Den 28. Juni huet déi zweet Editioun vum nationale „Naturpakttag 2024“ am Centre polyvalent „A Schommesch“ zu Nidderaanwen stattfonnt. Bei der Iwwerreechung vun den Zertifizéierung krut d'Gemeng Schëtter d'Zertifizéierung „Bronze“, andeems se e Prozentsaz vu méi wéi 53,18 % erreecht huet, wat eng Verbesserung vun iwwer 10 % an engem Joer duerstellt;
- De selwechten Dag huet de Sportsdag fir d'Schüler um Schoulcampus stattfonnt;
- Owes hunn d'„Schëtter Theaterfrënn“ hir Generalversammlung am Centre culturel zu Mënsbech ofgehalen;
- Den 29. Juni haten d'„Lëtzebuerger Rousefrënn“ op hier Porte ouverte „Oppe Gaardepäertchen“ am Rousepark vum Schloss zu Mënsbech agelueden;
- De selwechten Dag hat d'Schëtter Harmonie hiren traditionellen Hämmelesmarsch gefeiert, andeems si mat musikalescher Begleedung duerch d'Stroosse vun der Gemeng gezunn ass;
- De 5. Juli huet d'Generalversammlung vum „Zumba Club“ an der Buvette vun der Sportshal zu Mënsbech stattfonnt;
- De 6. Juli hat d'Amicale Neihaischen op hiert traditionellt Summerfest am Scoutschalet, um Neihaischen invitéiert;
- De selwechten Dag, owes, huet d'Associatioun „Gaart an Heem“ hiren traditionelle „Mammdag“ Cortège organiséiert, begleet vun enger Mass an engem Éierewäin. Well d'Associatioun bekannt gemaach huet, mat all hiren Aktivitéiten definitiv opzehalen, wëll de Buergermeeschter am Numm vum Schäfferot all de Memberen vun der Associatioun fir hiren Engagement an der Gemeng an de leschte Jore Merci soen;
- De 7. Juli haten d'„Frënn vun den Islandpäerd“ en internationalen Tournoi fir islännesch Päerd um „Reitsportzenter Bastenhaff“ zu Schraasseg organiséiert, ënner dem Patronat vun der Gemeng Schëtter;
- De selwechten Dag haten d'Scoute „Les Castors“ hiert Grillfest an hirem Chalet op der Kiercheplaz zu Schëtter organiséiert;
- Den 8. Juli huet den FC Mënsbech seng Generalversammlung an der Galerie um Schoulcampus ofgehalen;
- Den 9. Juli hat d'Amiperas op hiert Grillfest am Gaart vum Schëtter Treff invitéiert;
- De selwechten Dag, owes, gouf et d'Iwwerreechung vun den Diplomer vun de Lëtzeboiesch Coursen. Am Ganzen hunn 42 Persounen en Diplom fir hir bestane Coursë kritt.

Duerno informéiert de Buergermeeschter iwwer déi verschidden Eventer déi nach ustinn:

- Den 11. Juli gëtt et nees eng Fitness-Sessioun am Schëtter Treff mat der Coach Gwendy Stieffer-Majerus, déi Übung weist, déi een doheem maache kann;
- Den 12. Juli gëtt d'Schoulfest um Schoulcampus gefeiert, mat Spiller an Animatiounen fir Kanner a Elteren;
- Den 13. Juli fënnt de nächste Schëtter Maart statt, deen nieft de Stänn och e Vide-Grenier an eng Aktivitéit fir Kanner ubitt. D'Datume fir déi zwou nächsten Editiounen sinn den 10. August an de 14. September;
- De 15. Juli ass eng Owesveranstaltung virgesinn, wou d'Resultater vun den Ëmfroen am Kader vum „Pakt vum interkulturellen Zesummeliewen“ presentéiert ginn. Deen Owend wäert sech aus enger Presentatioun vun de Resultater vun der Ëmfro 50+, déi bei Bierger iwwer 50 Joer am Kader vum Projet PINS gemaach gouf, an enger Presentatioun vun de Resultater vun der Ëmfro iwwer d'interkulturell Zesummeliewen zesummesetzen. D'Presentatiounen ginn duerch de CEFIS (Zentrum fir interkulturell a sozial Formatiounen) an d'Integratiounsberoder, déi Hären Gary Diderich a Paul Estgen, virgedroen;
- Den 19. Juli organiséiert de Club des Jeunes déi zweet Editioun vun hire Sangria Party an hire Raimlechkeeten hannert der Kiercheplaz;
- Den 21. Juli luet de Cercle Avicole op seng Porte ouverte an, begleet vun engem Grillfest;
- Den 18. August fënnt déi 11. Editioun vun der Randonnée „Jeng Majerus“ statt, gefollegt vun engem Grillfest hannert dem Centre culturel;
- De selwechten Dag organiséiert den „Haff Zeimes“ seng Porte ouverte;
- De 25. August organiséiert d'Sektioun vun der LSAP vu Schëtter eng Pilz- a Wëllkraiderwanderung;
- Den 8. September organiséiert d'Sektioun vun der DP vu Schëtter hiert Scampi-Fest am Centre culturel;
- De 15. September organiséieren d'„Lëtzebuerger Rousefrënn“ hiren Event „La Rose en Fête“ am Rousepark vum Schloss zu Mënsbech.

All dës Evenementer kënnen och am Kalenner op der Gemeng Schëtter hirem Internetsite consultéiert ginn.

Doriwwer raus gëtt den Här Buergermeeschter nach folgend Informatiounen:

